Une voix.- Also schiedlech fir d'Land... Dat ass awer...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...fir déi Äntwerte respektiv fir déi Argumenter och eriwwerzebréngen.

Mir fannen déi do Fro onnéideg. Si ass och ouni Débat virdru gewiescht. Et ass just eng Fro, fir eng Fro ze stellen. A mer fannen, datt hei e populisteschen Débat déclenchéiert gett.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Voilà!

(Interruptions)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Wat d'Ausländerwahlrecht ugeet, ass et sécherlech,...

Une voix.- Ooh!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...an ech hunn et virdru gesot, sécherlech eng referendaresch Fro. De Corps électoral gett geännert, an dat ass wichteg.

D'Fro, ob een awer déi do Fro an dësem Moment soll stellen, ob d'Opportunitéit vun dëser Fro, mat all deem, wat u schwieregen Diskussiounen op eis zoukënnt, elo ass, hu mer oft genuch gesot. Ech wëll dat net nach eng Kéier widderhuelen.

Richteg ass awer, datt 45% vun Netlëtzebuerger hei am Land e Besoin vun zousätzlecher Participatioun noutwendeg maachen. An déi Zilsetzung, soen ech ganz kloer, deele mir och als Partei. Dofir hu mer proposéiert, eng Solutioun fir déi hei Fro iwwert d'Nationalitéitegesetz ze fannen.

Mir deet et nach ëmmer leed, datt mer dofir net konnte gemeinsam eng gréisser Diskussioun mateneen organiséieren. Well et wär besser gewiescht, déi Diskussioun ze féieren op eng calme Aart a Weis, wéi elo se an e Referendum ze ginn, wou se duerchaus emol kann ausrutschen, wat dësem Land géif richteg schueden. An Dir hutt et selwer ënnerstrach.

Wann een dat awer elo mécht, da muss ech mech just froen, Dir schlot hei eng Solutioun vir, wou Der sot, et muss een zéng Joer am Land sinn an et muss een eng Kéier scho mat wiele gaange sinn. Da stellen ech mer d'Fro: Firwat déi do Konditiounen? Wou kommt Der un déi do Konditiounen? Wat bezwecken déi Konditiounen? Wat brénge se?

Mir sinn nämlech der Meenung, datt, wann Der wierklech d'Participatioun vun den Netlëtzebuerger wëllt an Dir stellt esou restriktiv Konditioune wéi déi do, da kritt Der net déi Äntwert - wann dat hei géif duerchgoen -, net déi Äntwert op déi Fro, déi Der gären hätt. Dir kritt net déi Participatioun an déi Zuele vu Participatioun, déi Der braucht.

Déi Propositioun, déi mir gemaach hunn iwwert d'Nationalitéitegesetz, wäert eis wesentlech méi Effikassitéit brénge, wesentlech méi Leit, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien an déi duerno kënne mat wiele goen, aktiv a passiv mat wiele goen, wéi déi Propositioun, déi Dir maacht.

Ech mengen, datt d'Participatioun wesentlech méi duerch deen Text wäert ënnerstëtzt ginn, wéi duerch déi Propositioun, déi Der do maacht. An ech froe mech och: Firwat just déi hei Propositioun? Et wären 100 aner Solutioune méiglech gewiescht. A se ass och néierens justifiéiert, weder déi zéng Joer nach de Fait, datt een eng Kéier soll derbäi gewiescht sinn. Néierens justifiéiert!

Ech froe mech d'ailleurs, firwat net déi do Froestellung anescht ugaange ginn ass. Firwat kann een hei just mat Jo an Neen äntwerten? Firwat huet een net d'Fro gestallt vun der Participatioun, ob een déi wëllt iwwert d'Nationalitéitegesetz, iwwer zéng Joer an eng Kéier schonn derbäi oder iwwer fënnef Joer hei am Land? Et hätt ee jo och kënnen esou e Referendum organiséieren.

Et wär d'ailleurs net fir d'Éischt gewiescht, datt e Referendum mat enger Rei Alternativen organiséiert gi wär. De Referendum vun 1919 iwwert d'Dynastie war genau e Referendum mat véier Alternativen: éischtens, de Maintien vun der Grande-Duchesse Charlotte (veuillez lire: Marie-Adelheid), zweet Alternativ war de Maintien vun der Dynastie, mä mat enger anerer Grande-Duchesse. Déi drëtt Äntwert, dat war d'Opsetze vun enger anerer Dynastie. An déi véiert Äntwert war d'Republik. Et konnt ee bei véier Alternativen tëschent där enger an där anerer wielen.

Hätt ee wëlle wierklech d'Fro stellen, wéi d'Leit d'Participatioun brauchen, hätt ee jo duerchaus kënnen all d'Alternativen, déi eng an déi aner uginn an d'Leit richteg wiele loossen tëschent verschiddene Systemer, déi méiglech sinn, mat därselwechter Zilsetzung, déi mer jo deelen. Mä firwat just déi hei? Firwat d'Reduktioun vum Choix? Eng Äntwert, déi an eisen Aen net vill, wann net näischt brëngt! A mir mengen, datt et just gewiescht ass aus Angscht, well en hätt kënnen, dee Referendum, eventuell schiefgoen. Hei ass eng Chance, datt e vläicht mat Jo ausgeet.

Mä ech fannen et net uerdentlech, net korrekt, net seriö, wéi dat do gemaach gett. Et geet just drëm, den Nationalitéiteprinzip hei aus dem Text erauszehuelen. En éischte klenge Schrëtt ze maachen, deen näischt zur Participatioun bäidréit. A wann een de Prinzip eng Kéier dobaussen huet, da kann ee jo déi nächst Etappen an deenen nächste Jore maachen. An dat ass fir eis problematesch als Usaz.

13. Dépôt d'une proposition de loi par M. Claude Wiseler

Ech wëll och, fir ze ënnersträichen déi Wichtegkeet vun deem hei Sujet - a well mer eng Propositioun gemaach hunn -, och hei ganz offiziell dem Parlamentspresident eng Proposition de loi iwwerreechen. Här President, wann ech gelift.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Iwwert déi Propositioun, déi mer gemaach hunn, iwwert déi Propositioun, déi a sech d'Nationalitéitegesetz ëmännert, fir d'Residenzklausel vu siwen op fënnef Joer erofzeschrauwen, fir e groussen Deel Droit du sol anzeféieren, nom franséische System. Dat heescht auslännesch Leit, auslännesch Kanner, déi hei op d'Welt komm sinn, gi mat 18 Joer automatesch Lëtzebuerger, ouni iwwerhaapt eng Demande méi mussen ze maachen. Se sinn et einfach mat 18 Joer.

Iwwert de Fait, datt s de keng Condition de résidence méi brauchs ze hunn, wann s de mat engem Lëtzebuerger bestuet gëss, iwwer eng Facilitatioun vun eiser Kontroll am Sproochesystem an iwwert d'Dispens vun iwwerhaapt enger Sproochekontroll, wann s de 20 Joer hei am Land bass.

Ech wëll awer och soen, well ech wëll korrekt sinn, datt deen Text, dee mer elo agereecht hunn, zu engem groussen Deel den Text vum Projet de loi 6561 vum François Biltgen ass, dee mer nach eng Kéier agereecht hunn, mat deenen Ännerungen awer dran, déi ech elo gesot hunn, wou mer e gutt Stéck nach méi wäit ginn, wéi den Text vum François Biltgen sengerzäit gaangen ass.

6781 *- Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise et portant abrogation de la loi du 7 juin 1989 relative à la transposition des noms et prénoms des personnes qui acquièrent ou recouvrent la nationalité luxembourgeoise.*

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Deen Der virun zwee Joer net wollt. Ech war bei de Verhandlungen derbäi.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech soen lech ganz kloer, datt d'Evolutioun vun den Diskussiounen natierlech ass, an Dir gesitt och d'Evolutioun vun där doter Fro an deene leschten 20 Joer, datt Schrëtt fir Schrëtt gemaach ginn ass. Dir wäert eis jo elo net reprochéieren, Här Bodry, deen Text hei ze déposéieren.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Neen, d'Welt dréit sech net ronderëm d'CSV.

(Interruptions)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech ginn lech domadder 100%eg recht, Här Bodry, d'Welt dréit sech net ronderëm d'CSV, wéi och net ronderëm aner Parteien.

Ech wëll awer e leschte Passage...

Une voix.- ...wat een am Parlament seet...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mä se si jo och richteg. Ech wëll vläicht just nach...

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Wat ass elo déi richteg Iwwerzeegung vun der CSV, ech weess et net.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift! Här Wiseler, fuert Dir virun!

14. 6738 - Proposition de loi portant organisation d'un référendum national sur différentes questions en relation avec l'élaboration d'une nouvelle Constitution (suite)

Discussion générale (suite)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech fuere ganz gär weider, Här President. Ech wëll nämlech nach eng lescht Fro hei opwerfen, e puer Wuert soen iwwert déi Fro, déi net méi am Referendum ass: d'Relatioun tëschent Kierch a Stat, wat fir eis och e wichtege Sujet ass. An d'CSV war och der Meenung, datt een op dësem Sujet misst bougéieren. Dir kënnt eise Wahlprogramm liesen, Dir hutt en d'ailleurs gelies.

Et ass e Sujet, dee komplex ass. Mir hunn ëmmer gesot, en ass vill ze vill komplex, fir eng einfach Fro am Referendum doriwwer ze stellen. Et stelle sech d'Froen iwwert d'Gehälter. D'ailleurs hutt Der se an där Konventioun, déi Der gemaach hutt, och wesentlech méi vast ugeschwat wéi an der Referendumsfro, déi gestallt gi war. Froen ëm d'Gehälter, ëm de Religionsunterrecht, ëm d'Kierchefabrécken, Froen awer och iwwert de Contrôle, deen de Stat iwwert d'Kierche soll oder net soll exercéieren. Eng komplex Fro an e wichtege Sujet!

Mä an där Fro, déi Der am Referendum gestallt hat, hutt Der awer just ee Sujet ugeschwat, an dat war dee vun de Ministres des cultes. Sot mir just, firwat Der, wann Der esou eng wichteg Fro wëllt ugoen, déi esou komplex ass wéi déi do, se just wëllt ugoen an engem Referendum an dann d'Fro iwwert déi sougenannte Paschtéieschgehälter frot, oder d'Gehälter vun de Ministres des cultes. Firwat just déi Fro? Firwat net déi aner Froen? Firwat net eng Fro stellen dee Moment scho vun Ufank un iwwert...

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Well et eng Fro ass, déi haut an der Verfassung geregelt ass.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Jo, aner Froe mussen och an der Verfassung geregelt ginn.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Do ass et awer net aneschters...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- De Contrôle, deen de Stat huet iwwert déi eenzel Religionsgemeinschaften, ass och eng Verfassungsfro. Mir hunn d'ailleurs en Artikel 22 dofir ëmgeännert, fir déi Fro do an de Grëff ze kréien oder anescht ze formuléieren. Firwat hutt Der déi Fro dann net gestallt sengerzäit? Datt mer se elo eraushuelen, well se zu engem Deel beäntwert ass, fannen ech normal. Mä firwat just d'Fro stellen iwwert d'Paschtéieschgehälter?

An ech soen lech, well dat nu wierklech d'Aart a Weis war, fir de Problem unzegoen, well ee wëllt de Referendum einfach op seng Säit entscheet kréien, ouni déi richteg Froen ze stellen! D'Fro iwwert d'Paschtéieschgehälter an d'Gehälter vun de Ministres des cultes ass dach net déi richteg Fro, déi Der hei an där ganzer...

D'Fro iwwert d'Responsabilitéit vum Stat par rapport zu de Religionen: Wéi wäit ass de Stat responsabel, fir ze wëssen, wat do geschitt? Dat ass déi richteg Fro! Hätte mer déi gestallt, hätte mer eng ganz aner Diskussioun kritt. Eng ganz aner Diskussioun, eng richteg Diskussioun, eng wichteg Diskussioun kritt. Dat wollte mer awer net als Diskussioun. Do hätt ee kënnen de Referendum net gewannen, an dat wär jo net richteg gewiescht.

Mir hunn dat populistesch als Approche fonnt, well mer fonnt hunn, datt déi richteg Problemer net hei ugeschwat ginn an datt déi Froen nëmme gestallt gi sinn, an et ass lech och gelongen, fir Drock auszeüben. Déi Konventioun ass op Basis vun deem Drock ënnerschriwwe ginn, an d'Fro konnt du vum Dësch geholl ginn. Mä d'Intentioun nëmmen, fir Drock auszeüben, fannen ech a sech net korrekt.

Ech kommen zur Konklusioun. Dës Referendumsfroe si just, esou wéi se elo hei gestallt sinn a formuléiert ginn, aus parteipolitesche Grënn gestallt an an enger Froestellung, déi an eisen Aen net objektiv ass. Déi virgeschloen Alternative loosse sech an eisen Aen net seriö justifiéieren. A mir fannen, datt et hei e Mëssbrauch vum Instrument vum Referendum ass fir parteipolitesch Zwecker an datt et laanscht d'Leit geet. Dat Instrument vum Referendum ass eis extrem wichteg, mä esou ugewannt fanne mer et net seriö an et ass kee Courage, fir déi Froen ze stellen, déi a sech d'Leit interesséieren.

Ech soen awer och hannendrun, elo kréie mer eng Diskussioun, elo kréie mer eng Campagne an deenen nächste véier Méint. Ech ginn dovunner aus, datt dat Gesetz haut gestëmmt gett, egal wat ech soen, datt dat Gesetz haut gestëmmt gett, an da kréie mer déi Campagne. An ech soen och ganz kloer fir meng Partei, datt mer déi och probéieren, mat Argumenter ze maachen. Hei si mer jo an der Chamber.

Dobausse gi mer bei d'Leit an eis Versammlungen a mir wëllen och op déi Froen äntwerten. Mir wëllen och mat eisen Argumenter erklären, firwat mer esou an net anescht äntwerten, an dat seriö ugoen. Dat soen ech och kloer an däitlech hei. Ech soen och, dat ass jo just e konsultative Referendum.

Ech soen awer och hannendrun, datt natierlech d'Resultater vun deem Referendum, wéi se och ëmmer sinn, an eisen zukünftegen Iwwerleeungen nom Referendum, datt mer an eisen Iwwerleeungen deene Resultater wäerte Rechnung droen. Mä et muss een natierlech kucken, wat sech do ausdréckt, wéi et sech ausdréckt, wéi d'Diskussioun an der Campagne leeft, an haaptsächlech och, wéi d'Proportioune vun de Resultater sinn. Op jidde Fall gett dëse Referendum e wichtegt Element an eisen zukünftegen Iwwerleeungen nom Referendum.

An ech soen nach hannendrun, datt och dës Majoritéit eng grouss Responsabilitéit hëlt, wa se dat do mécht. Haaptsächlech duerno, wann deen nächste Referendum nom Artikel 114 vun der Constitutioun kënnt.

Mir waren ëmmer der Meenung, datt ee Constitutiounsännerunge sollt mat engem grousse gesellschaftleche Konsens maachen. Kommen elo hei Resultater, étriquéiert Resultater eraus, déi Der duerno wëllt an d'Constitutioun mat iwwerhuelen, d'Constitutioun, déi Der dann erëm wëllt an e Referendum stellen, an där kommen zwee oder dräi mat all deenen Onzefriddenheeten, déi schonn duerch aner Diskussiounen, zum Beispill déi Religionsdiskussioun zesummekommen, da stellt Der déi zéng Joer Aarbecht, déi awer gemaach gi sinn, an déi Nécessitéit an déi Wichtegkeet, déi eng nei Constitutioun vu Lëtzebuerg hätt, awer uerg a Gefor! Eng grouss Responsabilitéit, déi Der domat hutt. Ech wëll et just eng Kéier an aller Däitlechkeet hei gesot hunn.

An aus all deene Grënn wäert d'CSV zu dësem Text net kënne mat Jo äntwerten, mä mat Neen äntwerten.

Domat wär ech normalerweis fäerdeg. Ech wëll just nach eppes hannendrusetzen, eng technesch Fro, den Här Bodry huet se och schonn ugeschwat, well se gëschter opkomm ass an där Diskussioun, wéi dann elo ausgezielt gett an deem Referendum hei. An dem Här Bodry seng Explikatioune sinn och richteg.

Et ass just ee Punkt, also et ass elo e wéineg méi spontan hei, et ass just ee Punkt, deen ech net richteg verstinn, an dat ass deen, et ass jo méiglech, vu datt dräi Froen op engem Bulletin sinn, datt verschidde Leit op eng Fro äntwerten an op zwou Froen net. Dat ass méiglech. An da gett dee Bulletin fir déi eng Fro valabel erkläert, deeselwechte Bulletin fir déi aner Froen awer net valabel erkläert. Dat fannen ech awer juristesch e richtege Problem.

Dann hätt een et a priori besser mat dräi separate Bulletine gemaach. Sou wéi et elo gemaach gett, ass och a kengem Gesetz fixéiert en fin de compte, datt mer de Bulletin eng Kéier als valabel an eng Kéier als net valabel erklären. Ech hu mech awer gefrot, ob dat net wierklech e reelle juristesche Problem ass, wa mer do zu de Resultater kommen.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wiseler. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Politik méi no um Bierger, d'Politik méi no mam Bierger ze gestalten, dat ass en Zil, dat sech d'Majoritéitsparteien op de Fändel geschriwwen hunn. An de Referendum vum 7. Juni ass e wichtege Schrëtt, fir dëst Zil ze erreechen.

Jo, de Referendum dëst Joer ass en historesche Moment, well mer nei Weeër gi bei der demokratescher Abannung vum Vollek bei wichtege Gesellschaftsfroen. Esou eng partizipativ Démarche vun der Chamber, am Endeffekt, ass et an deem Mooss an deene leschte Jorzéngten nach net ginn, well mir banne mat dem Referendum d'Biergerinnen an d'Bierger direkt an d'Aarbechte vun eisem wichtegste Gesetz, nämlech d'Aarbechte vun der Verfassung banne mer se domadder an.

Ech wëll nach eng Kéier och kuerz de Kontext vun den Aarbechten um Referendum hei skizzéieren. De Rapporteur huet dat scho gemaach. Mä et ass awer wichteg, fir nach eng Kéier de Kontext ze setzen. D'Chamber beschäftegt sech schonn zéng Joer oder méi, op alle Fall e Jorzéngt mat enger Neifaassung, mat enger Modernisiéierung vun deem wichtegsten Text an eisem Rechtssystem. An d'Koalitioun huet och an hiren Accord geschriwwen, datt se wëllt déi Verfassungsreform elo och an dëser Legislatur ofschléissen, datt mer endlech d'Aarbechte kënne fäerdeg maachen.

Ech wëll nach eng Kéier rappeléieren - ech mengen, hei ass dat vläicht an dësem Haus iwwerflësseg, mä ech maachen et awer nach eng Kéier -, ech wëll rappeléieren, datt d'Verfassung dat wichtegst, dat iewescht Gesetz ass. Et regelt d'Organisatioun vum Stat, et garantéiert eis Grondrechter an et setzt och de legale Kader, deen dann all Gesetz an all Reglement och muss respektéieren.

An, Här President, mir wëssen et alleguerten, et ass e Fait, scho bal eng Banalitéit, fir et ze soen, mä eis Gesellschaft, eng Natioun, e Stat, deen evoluéiert, verännert sech. An duerfir huet dës

Reform vun der Verfassung jo als Zil, fir d'Verfassung un d'Gesellschaft, un eis Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg, och besonnesch vum 21. Jorhonnert unzepassen an och eng Rei Inkohärenzen, déi am Laf vun de Joren, well jo awer emol déi eng oder aner kleng Textveränderunge gemaach gi sinn, wou dann och net nëmmen de Risiko vun, mä heiansdo Inkohärenzen entstane sinn, aus der Welt ze schafen.

Wéi gesot, déi Aarbechten, déi si scho laang amgaang hei an der Chamber. Vill Artikele sinn an der Kommissioun an deene leschte Joren iwwerschafft ginn am grousse Konsens, Zoustëmmung. Aner Artikele musse nach ofgekläert ginn. An et ginn och verschidde Froen, déi an eisen Ae besonnesch wichteg sinn. Firwat datt déi Froen hei besonnesch wichteg sinn, déi dräi, dat ass, well se ronderëm d'Participatioun dréien, also ëm d'Basisrechter an enger Demokratie. An do, bei deene wëlle mir also d'Bierger froen, fir eis beim Schreiwe vun der definitiver Verfassungsreform ze guidéieren.

Mäi Virriedner, deen huet jo ënner anerem Beispiller aus anere Länner geholl a gesot, firwat datt déi déi eng oder déi aner Fro geholl hunn. An en huet gemengt, et wier keng Logik, oder et wier eng aner Ursaach derbäi, fir déi Froen esou ausgewielt ze hunn.

Neen, et ass ganz kloer: Et si Froen, déi, éischtens, direkt mat der Verfassung ze dinn hunn. Et si prezis Artikele vun der Verfassung, déi concernéiert sinn. A virun allem sinn et awer och Froen, déi ganz vill mat der partizipativer Demokratie an eisem Stat ze dinn hunn, wéi d'Matbestëmmung vun den auslännesche Matbierger, wéi zum Beispill d'Matbestëmmung vun deene jonke Matbierger hei am Land. Et ass also do awer ganz kloer eng Guideline, déi an deene Froen ass.

Et geet also ëm Froen, wou ee wëllt d'Meenung vun de Bierger kréien an eben och Kloerheet kréie fir eis Aarbechten, fir dann eis Verfassungsreform fäerdeg ze schreiwen. Ech mengen, et ass wierklech kloer, dorëms geet et an ëm soss näischt aneschters!

An ech mengen, duerfir kann een als éierleche Politiker och net d'Responsabilitéit vun der Regierung un den Ausgang vun engem Referendum koppelen. Et geet net dodrëms. De Wieler, wat mécht deen de 7. Juni? Dee stëmmt iwwert dräi ganz wichteg Froe fir d'Modernisëierung vun der Demokratie an eisem Land of, an net iwwer eng Regierungsaarbecht. Punkt. Dat ass et de 7. Juni.

Et gi Vertrieder vun de Parteien hei an der Chamber, och mäi Virriedner huet dat gemaach, déi de Sënn an och d'Legitimitéit vun engem Referendum respektiv vun dësem Referendum a Fro stellen. Ech muss soen, déi aktuell Positioun vun der CSV iwwerrascht dach an engem gewëssene Mooss.

Am Dezember 2013, do huet nach de viregte Fraktiounschef vun der CSV, den aktuelle Kommissiounspresident, deen huet du bei senger Ried deemools zum Koalitiounsaccord vun der neier Regierung gesot, datt d'CSV mat der Iddi vun dem Referendum kéint d'accord sinn. En huet natierlech och gewarnt virun deenen engen oder aneren Diskussiounen, datt déi net sollten aus dem Rudder lafen. Firwat wëllt elo d'CSV eigentlech näischt méi dovunner wëssen?

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Här Berger, wann Der géift e puer Reie weiderliesen, da géift Der och kënne soen, datt den Här Juncker gesot hat, e géif heibäi, esou wéi d'Froe gestallt wären, sech froen, ob dat net en Abus vun der Referendumsprozedur wär. Dir musst ëmmer den Text ganz liesen, éier Der Zitatioune maacht, wann ech gelift!

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

M. Eugène Berger *(DP).-* Här President, ech hunn effektiv den Text déi lescht Deeg eng Kéier duerchgelies an do steet op alle Fall och, datt d'CSV kéint awer mat der Iddi vum Referendum d'accord sinn, datt sech Froe gestallt gi sinn eben iwwert, ech soen net d'Geféierlechkeet, mä awer iwwert de Risiko, datt bei verschiddene Froen herno am Débat an der Populatioun do kéint...

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Jo, an och iwwert déi aner Froen, Här Berger. An et ass genau déi Meenung, déi mer haut och nach deelen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Här Wiseler, wann ech gelift, den Här Berger huet eleng d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).-* Op alle Fall stellen ech fest, Madame Presidentin, datt elo d'CSV näischt méi wëllt vum Referendum wëssen. Si huet dat jo och elo grad virdru wësse gedoen. Firwat eigentlech? Eng Vollekspartei, huet déi eigentlech Angscht virun der Meenung vum Vollek?

Och am CSV-Wahlprogramm, wann een dee liest, steet, datt eng Verfassungsrevisioun soll mat breeder Biergerbedeelegung gemaach ginn. Dann ass eigentlech awer d'Fro: Wat maache mer dann aneschters elo hei bei dësem Referendum, wéi datt mer eng breet Biergerbedeelegung organiséieren? Wat verstitt Dir dann ënner breeder Biergerbedeelegung, déi Der an Ärem Wahlprogramm erageschriwwen hutt an déi Der awer elo net méi wëllt? Dann hätt Der jo och wierklech misse preziséieren, datt et nëmmen ëm absolutt fundamental Froe géif goen, déi sech vläicht an anere Länner gestallt hunn, mä awer net bei eis.

Ech fannen et einfach, Madame Presidentin, schued. Ech bedaueren, datt d'CSV sech elo net konstruktiv abréngt an d'Diskussioun ëm de Referendum a si décidéiert huet, da géint all déi Froen ze sinn. Si huet och souguer an engem Zeitungsartikel vun Erpressung geschwat. Och virdru konnt een dat hei esou erausséieren.

Madame Presidentin, d'Bierger ëm hir Meenung froen, ass dat Erpressung? Ech sinn net där Meenung, datt dat Erpressung ass. Au contraire! Wann een och Sondagë ka gleewen, do gëtt jo deen een oder anere gemaach - ee vun deene leschte vun der ILRES, ech mengen, mat dem „Wort" zesummen -, do ass jo och erauskomm, datt 77% vun de Leit hei zu Lëtzebuerg, déi gefrot gi sinn, der Iwwerzeegung sinn, datt awer e Referendum eng gutt Saach ass. Also ass dat jo awer och eppes, wou mer op e gewëssene Besoin, op e gewëssene Wonsch, e gewëssenen Ausdrock vun de Bierger kënne reagéieren.

An ech mengen awer och, ech sinn iwwerzeegt, datt e Referendum, eng besser Abannung vun de Bierger och e Moyen géint d'Politikverdrossenheet ass. Wa mer elo all déi Débate wäerte féieren an den nächste Wochen, ass dat d'Méiglechkeet, fir mam Bierger an d'Diskussioun ze kommen, fir mam Bierger iwwert déi Froen ze diskutéieren an den Intérêt vun de Bierger un der Politik nees ze verbesseren an och ze erhéijen.

D'DP, déi ass op alle Fall kloer en faveur vun de Volleksbefroungen. Firwat? Well een domadder d'Biergerinnen an d'Bierger mat a wichteg Entscheedunge kann abannen. Referende sinn e Stéck vu partizipativer Demokratie, well een eben domat den ëffentlechen Débat iwwer wichteg Froe mat de Leit hei am Land ka gestalten.

Madame Presidentin, d'DP, déi wäert de Leit nolauschteren an den Débaten. Mir wäerten och d'Meenung vun de Bierger de 7. Juni respektéieren. Et ginn der elo schonn, déi soen: Jo, mä de Statsrot huet gesot, datt e Referendum, egal wéi en ausgeet, net muss bindend sinn, net muss respektéiert ginn. Dat ass zwar sécher wouer.

Et ginn der och, déi soen, datt se eventuell kucken, jee nodeem wéi de Referendum ausgeet, datt se sech et da géifen iwwerleeën. Fir eis ass et kloer, och wa mer dräi Positiounen am Virfeld hunn zu deene Froen am Referendum, fir eis ass et op alle Fall ganz kloer, egal wéi de Referendum ausgeet, datt mir dat Resultat wäerte respektéieren an da mat an eis Aarbechten an der Verfassungskommissioun huelen. Ech mengen, dat ass dat, wat wichteg ass. D'DP, déi wäert de Wielerwëlle vum 7. Juni respektéieren. Dat gëllt fir eis an ech weess och, dat gëllt och fir eis Koalitiounspartner.

An ech hoffe just, datt och déi aner Parteien de Wielerwëllen an d'Meenung vum Bierger wäerten da respektéieren. A virun allem däerf dee Referendum net herno fir parteipolitesch Spiller instrumentaliséiert ginn.

Madame Presidentin, ech kommen zu deenen dräi Froen.

Déi éischt Fro, déi vum Auslännerwahlrecht, ass sécher eng ganz sensibel, jo kontrovers Fro. Et muss ee wëssen, eng Demokratie, déi lieft vun enger gréisstméiglecher politescher Bedeelegung vun hirem Vollek. En Débat iwwert d'Auslännerwahlrecht also an engem Land wéi Lëtzebuerg mat 44%, 45% vu Bierger, déi net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, drängt sech jo da fërmlech op, deen ass net ze vermeiden.

44%, 45% vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, hunn net eis Nationalitéit, an déi Situatioun, déi féiert jo dann onweigerlech zu där Fro, ob ee weiderhi bal d'Halschent vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung, déi hei schaffen, liewen, gären hei liewen, Steiere bezuelen, zum Räichtum, jo, do musse mer och éierlech sinn, ganz oft zum Fonctionnéiere vun eisem Land, vun eiser Ekonomie bäidroen, ob een déi ka komplett vun der Participatioun vu Legislativwahlen ausschléissen.

Oder et kéint een et och aneschters nach formuléieren: Kann ee vu bal der Halschent vun der Populatioun all Flichte verlaangen an hinnen op där anerer Säit awer net all d'Rechter ginn, déi déi aner 50% vun der Populatioun hunn? Ech mengen, dat ass eng vun deene kruziale Froen hei.

Oder et kéint een och nach d'Fro stellen: Wëlle mer dorobber histeieren, datt an Zukunft eng Minoritéit hei am Land iwwer eng Majoritéit bestëmmt?

Ech wëll och an deem Kontext soen, datt d'Wahlrecht fir auslännesch Matbierger jo awer keen Novum hei am Land ass. Dat ass keen Neiland, wat mer hei betrieden. Mir hunn de Maastrichter Vertrag vun 1992, do ass dat festgehale ginn, wou och Lëtzebuerg domat d'accord war: All EU-Bierger dierf an all EU-Land no verschiddene Kritäre bei Kommunalwahle jo zum Beispill mat wiele goen. A mir hunn dat zu Lëtzebuerg jo och nach weider ausgedehnt: datt souguer och Net-EU-Bierger bei eis kënne bei de Kommunalwahle mat wiele goen. Et ass also u sech: D'Wahlrecht fir Matbierger, déi net eis Nationalitéit hunn, dat ass näischt absolutt Neies, wat mer hei froen. Mir hunn also och schonn Erfahrung domadder.

Et ginn och aner Länner, wou dat esou ass. Ech hunn elo hei Lëtzebuerg als Beispill geholl, well jo elo déi Fro hei eis concernéiert. Mä nëmmen als Illustratioun, an anere Länner gëtt et dat och: Schwäiz, Amerika - also USA -, Kanada, do kënnen d'Auslänner un de Regionalwahlen deelhuelen. Et ginn och Länner wéi Chile, Neuseeland, do kënnen Auslänner och, wa se gewësse Konditiounen erfëllen, un all den nationale Wahlen deelhuelen.

Mir wëllen also als Koalitioun, och d'Demokratesch Partei, e Schrëtt an d'Richtung vun enger verbesserter Participatioun vun den auslännesche Matbierger goen. Wéi soll dat ausgesinn? Mir hunn och hei kloer Kritären a Limitten dragesat.

Zum engen ass et jo esou, fir datt ee kann - dat ass jo eis Iddi -, fir an Zukunft dierfe mat wielen ze goe bei de Legislativwahlen: Éischtens ass et en aktiivt Wahlrecht, kee passiivt Wahlrecht. Et kann een also mat wiele goen.

Et ass och fakultativ. Dat heescht, et ass net obligatoresch. Et ass also och eng Differenz: De Lëtzebuerger Bierger, deen net..., oder de Bierger, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt an net de Lëtzebuerger Pass huet, dee muss also och eng gewëssen Démarche maachen, esou wéi dat och bei de Gemengewahlen ass, fir sech an d'Wielerlëschten anzedroen. E muss also säin Intérêt och doduerjer scho manifestéieren. Dat ass eigentlech och eng Differenz nach zu deem, wat d'Lëtzebuerger als Wahlrecht hunn.

Dann ass et och esou, datt e muss verschidde Konditiounen erfëllen. E muss mindestens zéng Joer hei zu Lëtzebuerg gelieft hunn. Et kann also net sinn, datt ee muer oder iwwermuer oder dräi Woche viru Wahlen oder ee Mount virun de Wahlen op Lëtzebuerg kënnt an da sech kann aschreiwe goen. E muss zéng Joer hei gelieft hunn.

Et ass och esou, datt en - an dat ass fir mech och eng ganz, net interessant, mä awer och wierklech eng ganz signifikativ Konditioun -, datt en och scho bei enger anerer Wahl hei zu Lëtzebuerg matgemaach muss hunn, forcément bei enger kommunaler Wahl. An dat ass jo awer och, wou en da gewisen huet, datt en interesséiert ass un der Politik, datt e wëllt eppes matmaachen. Ech mengen, all deene Bierger hei zu Lëtzebuerg, déi dat scho bewisen hunn, firwat soll een deenen dat Recht net kënnen zougestoen?

Et si Kritären eigentlech, wou Verschiddener och soen: „Si sinn nach relativ streng", datt een eigentlech hätt misse méi wäit goen an et méi no un d'Wahlrecht vun de Lëtzebuerger upassen. Dat sinn der vun alle Säiten. Och zum Beispill, wat ech gelies hunn, sinn do verschidde Leit aus enger Denkfabrik vun der CSV oder CSJ, déi fannen, datt se éischtens derfir sinn, datt d'Participatioun vun den Auslänner bei de Wahlen opgemaach gëtt. A si fannen, datt eigentlech déi heite Propositioun nach vill ze streng wier.

Ech wëll awer och eppes hei betounen, Madame Presidentin, dat ass, datt mer awer och weiderhin op där anerer Säit mussen all Efforte maachen, fir eng gesellschaftlech a politesch Integratioun ze maache vun de Leit. Duerfir soll natierlech och weiderhin e prioritäre Wee praktesch fir d'Integratioun sinn, datt een och d'Auslänner iwwerzeegt, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit unzehuelen, wat also sécherlech e wichtegt Element ass vun der Integratioun.

Mä nach eng Kéier: Et muss ee wierklech ënnerscheeden tëschent enger Nationalitéit an op där anerer Säit engem Wahlrecht. Dat sinn an eisen Aen zwou verschidde Saachen, besonnesch an engem Land ebe wéi eisem, wou ronn 45% vun de Bierger hei net d'Nationalitéit hunn. Do sinn et der och, wou dat och net méiglech wier, well se zum Beispill aus engem Land kommen, dat d'duebel Nationalitéit net erméiglecht. Do ginn et eng Rei Länner nach an Europa, zum Beispill Dänemark, Holland, Éisträich, Polen, do ass dat net méiglech. Dat heescht, fir déi Leit hei, wa mer deene soen: „Jo, kuckt iwwert de Wee vun der duebeler Nationalitéit!", fir déi ass dat onméiglech.

(Interruption)

Wéi gesot, eng Oplockerung vun engem Nationalitéitegesetz bedeit eng wesentlech Verbesserung an eiser Integratiounspolitik. Si léist awer net alleguerten d'Problemer vun der politescher Participatioun.

An hei wëll ech awer och nach eng Remarque maachen zu deem, wat mäi Virriedner, den Här Wiseler, gesot huet. En huet jo och hei eng Proposition de loi erabruecht fir dann eben elo an déi Richtung, déi si wëlle favoriséieren - wat awer an eisen Aen net eppes derzou bäidréit zu der politescher Participatioun -, datt een elo géif eben dat vereinfachen, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit kënnen ze erlaangen.

Ech muss soen, ech sinn nëmmen erstaunt, datt elo d'CSV dat proposéiert: vu siwen op fënnef Joer erof! Nach virun e puer Joer huet den deemolege Minister Biltgen plädéiert, fir ebe grad et eropzesetzen an och d'Sproochenufuerderungen eropzesetzen. Elo geet et also erëm eng Kéier genau deeselwechte Wee no hannen. A praktesch zwee, dräi Joer oder emol net fënnef Joer, nodeems se fir dat eent hei plädéiert hu mat grousser Ferveur, plädéiere se elo fir eigentlech genau de Géigendeel. Do gesinn ech ganz wéineg Kohärenz derhannert.

(Interruption)

Madame Presidentin, d'DP steet dozou, datt och Netlëtzebuerger, déi bewisen hunn, datt se sech hei am Land wuelfillen, sech hei integréiert hunn an och politesch interesséiert sinn, datt déi hei kënnen, dierfe wiele goen! An ech mengen, déi streng Kritären, déi stellen och sécher, datt elo keen Ausverkaf vun eiser Demokratie hei bedriwwe gëtt an datt dat hei och éischter en Zeechen ass vun enger besserer, enger richteger Participatioun.

Mir hate jo och schonn ähnlech Diskussiounen deemools, wéi d'Wahlrecht fir d'Auslänner op kommunalem Niveau agefouert ginn ass. Ech mengen, do sinn heiansdo ähnlech Argumenter ugefouert ginn. A mir hu jo am Endeffekt gesinn, datt d'Welt hei zu Lëtzebuerg net zesummegebrach ass, mä au contraire, datt mer eigentlech haut, wann een de Bilan zitt vun deem, wat an de Gemengewahle mëttlerweil vun der Participatioun bei de Wahle stattfënnt - d'Auslänner, déi sech aschreiwen an esou weider -, datt mer eigentlech bedaueren, datt der net genuch drun deelhuelen, an datt mer eis eigentlech géife wënschen, datt der do och nach méi sech géifen abréngen an dat lokalpolitescht Geschéien, d'Matbestëmmung. An och hei mengen ech, wa mer géifen déi Bestëmmung bis an eis Verfassung schreiwen, datt do net géif vun haut op muer hei d'Welt ënnergoen.

Et ass natierlech kloer, de Referendum iwwert d'Auslännerwahlrecht ass eng Fro iwwert déi gesellschaftlech Kohäsioun, iwwert d'Integratioun an de generellen Emgang mat all de Bierger hei zu Lëtzebuerg, déi hei wunnen, schaffen a liewen. An et ass eng sensibel Fro. Duerfir soll een och hei wierklech net a bëllege Populismus verfalen.

Ech mengen, et ass hei e Kompromiss, eng Kompromissformel, déi hei proposéiert gëtt. An et ass do wierklech och meng - net nëmme meng - Suerg, datt mer hei an deenen nächste Wochen, wa mer d'Débaten hunn, do anständeg Diskussiounen hunn, datt mer do net versichen, d'Land ze splécken op déi eng an op déi aner Säit, datt mer net an de Populismus verfalen.

An ech mengen, do ass et och wichteg, datt d'Chamber hir Aufgab iwwerhëlt - mir hu jo do eng Rei Débaten, déi mer wäerten organiséieren -, datt mer d'Leit informéieren, datt mer do, op gutt Lëtzebuergesch gesot, Niveau behalen a wierklech d'Saachen objektiv kënnen duerstellen. Ech mengen, dat ass eppes, wat all Volleksvertrieder, mengen ech, och muss sech als Virsaz huelen: datt mer respektvoll mat deenen aneren, awer och respektvoll vis-à-vis vun deene verschiddenen Iddien iwwer eis Matbierger, datt mer do respektvoll domadder ëmginn an datt also och d'Chamber do eng grouss Aufgab huet, fir eng uerdentlech Campagne ze maachen. Ech mengen och, an deem Kontext hunn och sécherlech d'Medien eng wichteg Roll ze spillen.

Ech kommen zu där nächster Fro. Dat ass déi vum Wahlrecht ab 16 Joer. Ech hu selwer als Auteur vu verschiddene Proposition-de-loien an deem Kontext hei méi wéi eng Kéier op der Chamberstribün schonn driwwer geschwat an argumentéiert. A mir haten hei och scho Chamberssitzungen, wou dat als Proposition de loi diskutéiert ginn ass.

Duerfir kann ech och net dat Argument novollzéie vu mengem Virriedner, datt mer hei nach

ni driwwer geschwat hätten, datt den Exposé des motifs oder d'Argumentatioun an der Proposition de loi elo relativ moer wieren. Ech mengen, mir kënne genuch Débaten an der Chamber noliesen, wou mer doriwwer hei diskutéiert hunn an deem Plenum, an datt och scho ganz vill an der Bevëlkerung, och ënnert deene Jugendlechen, doriwwer diskutéiert ginn ass.

Ech mengen, et sinn e puer, ech wëll och net... Wéi gesot, als Auteur vu Propositions de loi zu deem Sujet kéint ech elo hei ganz laang, stonnelaang driwwer schwätzen. Vläicht nëmmen e puer Haaptiddien, dat ass: Déi politesch Entscheedunge vun haut, déi beaflosse jo awer ganz vill natierlech déi aktuell Generatioun, mä awer och déi nächst Generatioun, déi scho praktesch hannendrun ass. An eigentlech awer huele mir, déi aktuell Generatioun, Décisioune fir déi, déi net kënne selwer matbestëmmen, wat sécherlech net ideal ass.

Mir hunn och eng Gesellschaft, déi ëmmer méi al gëtt, déi natierlech dann och eng grousse Lobby duerstellt. A sécherlech ass och e grousse Risiko do, datt herno d'Politiker da vläicht éischter d'Tendenz hunn, no de Besoinen an den Intérête vun enger méi eelerer Populatioun ze kucken an déi Jonk, déi eventuell net kënne matbestëmmen, net kënne mat wielen, dann natierlech e bëssen op der Säit loossen.

Ech mengen, et ass kloer, datt och hei eben eng Form ugestrieft gëtt, fir ebe concernéiert Bierger hei zu Lëtzebuerg mat anzebannen an en Décisiounsprozess, weinstens se kënne mat anzebannen, datt se iwwert déi Leit kënnen décidéieren, déi fir si Décisioune sollen huelen.

Wéi gesot, och d'DP, déi fuerdert scho säit Joren en Erofsetze vum Wahlalter op 16 Joer. Ech hunn op meng Proposition de loi verwisen. A virun allem hei weist sech jo och, firwat datt déi Fro eng absolutt Berechtegung am Referendum huet.

Bei där leschter Diskussioun iwwer eng Proposition de loi zu deem Sujet huet de Statsrot nämlech gesot, dat wier keng technesch Fro am Endeffekt. En hat keng Problemer mat den Artikelen, déi ech geschriwwen hat, an och mat där Argumentatioun. Mä d'Konklusioun, dat kann een noliesen, vum Statsrot war, et ass eigentlech keen techneschen, juristesche Problem, et ass eng politesch Fro. Eng politesch Fro, déi ee muss op enger anerer Plaz léisen. Voilà, ëmsou méi, ech mengen, do seet eis jo awer de Statsrot, et ass eigentlech praktesch eng Invitatioun, fir esou eng Fro iwwert de Referendum klären ze loossen.

Et gëtt jo och da gäre gesot, datt déi Jonk sech vläicht net esou interesséieren oder net fäeg sinn, fir do responsabel sech eng Meenung ze maachen. Jo, sécherlech muss ee kucken, datt een deene Jonken eng gewëss politesch - „politesch" tëschent Gänseféisercher -, also eng politesch neutral Bildung gëtt an datt een dann do den Intérêt an d'Responsabilitéit fir d'Politik awer och kann erwächen.

Op där anerer Säit muss ech awer soen, déi Argumenter, déi een ëmmer fir déi vu 16 a 17 uféiert, datt déi net genuch politesch Bildung hätten, net genuch Responsabilitéit, datt dat da fir déi vun 18, vun 23, vu 37, vun 43 net méi soll gëllen. Ech mengen, sécherlech soll een dat hei maachen. Mä méi generell solle mer eis awer och emol déi Fro stellen, wéi insgesamt eis Leit dobaussen, eis Biergerinnen a Bierger informéiert sinn, politesch responsabel denken an esou weider. Ech muss heiansdo soen, wann ech Saache liesen op Foren, an de Medien, do kann ech mer awer Froe stellen!

Och hei muss ech betounen, et ass e fakultatiivt Wahlrecht. Et ass also net e komplett Wahlrecht eigentlech wéi fir déi ab 18 Joer. Dat heescht, et kann ee wiele goen. Wann ee sech prett spiert, kann ee mat wiele goen, et muss een net mat wiele goen. Et ass grad wéi fir déi mat 75 Joer. Virun e puer Joer ass dat jo och hei agefouert ginn. Do ass och net d'Diskussioun gewiescht: firwat net mat 74, mat 77? Et ass du gesot ginn, mat 75 Joer. An och do huet een zum Beispill awer praktesch deeselwechte System, datt et fakultativ ass.

Och hei vläicht e Bléck eriwwer an d'grouss, wäit Welt respektiv an d'Nopeschlänner. Zum Beispill an Däitschland gëtt et néng Bundesländer, wou déi mat 16 a 17 Joer un de Kommunalwahle kënnen deelhuelen, véier Bundesländer, wou déi un de Landtagswahle kënnen deelhuelen, zum Beispill zu Hamburg. Virun zwou Wochen, mengen ech, war et, hunn déi 16- a 17-Jähreg dierfe mat wielen. An Éisträich ass et ab 16 Joer fir Kommunal- a Landeswahlen. A Brasilien ass et och ab 16 Joer fir alleguerten d'Leit am Land.

Op alle Fall, wat ee gesäit zum Beispill an Däitschland, déi verschidde Bundesländer, déi hu positiv Erfahrunge gemaach mat dem Wahlalter ab 16. Do gesäit een, datt awer dann déi Jonk, déi kënnen, si mussen net, mä déi kënne mat wiele goen, déi interesséiere sech däitlech méi fir Froe vun der Politik, fir Froe vun der Gesellschaft, wéi zum Beispill déi, déi nach net kënne mat wiele goen. Well déi soen, et concernéiert mech souwisou jo net, et ass eréischt fir méi spéit. An dann entwéckele se vläicht net dee responsabele politesche Geescht, wou et awer gutt ass, wa mer deen esou fréi wéi méiglech kënnen entwéckelen.

Dann nach déi lescht Fro, déi beschäftegt sech mat der Limitatioun vun de Ministermandater, wat jo virdru fir méi héich Wellen hei gesuergt huet. Ech mengen, et ass kloer, eise Lëtzebuerger Wahlsystem, dee favoriséiert d'Wiel an doduerjer natierlech och d'Mise en place vu Käpp, déi méi bekannt sinn, déi scho laang vläicht och an enger Regierung waren.

Wat bedeit dat am Endeffekt, egal wéi, wa Ministere laang kënnen am Amt sinn? Dat bedeit - da si jo och d'Parteigrenzen ewech, dat ass elo net un déi eng oder aner Partei geriicht -, datt dann e Renouveau innerhalb vun enger Regierung nëmme lues virugeet. Ech mengen, mir kennen d'Beispiller. Mir hunn der jo virdrun och héieren, wou Ministere praktesch eng Institutioun gi sinn, déi bal inamovible waren!

Mir sinn iwwerzeegt, datt och um Niveau vun der Exekutiv, vun der Regierung muss eng Alternance, eng demokratesch Alternance do sinn. Dat ass gesond fir all Demokratie. An ech mengen, och grouss, wichteg Länner, déi Weltmuechte sinn, wéi zum Beispill d'USA, déi praktizéiere jo déi demokratesch Alternance. Do kann zum Beispill de President net méi wéi zweemol gewielt ginn. Ech mengen, dat ass also och eppes, e kloert Signal hei virun allem, datt mer wëlle soen: Politik - dat ass och eis Iwwerzeegung -, Politik, dat ass kee Beruff, et ass e representatiivt Mandat fir eng begrenzten Zäit.

An ech mengen, grad bei Ministeschposten, wou jo och vill Pouvoir domadder verbonnen ass, ass et och wichteg, datt do eng regelméisseg Erneierung kënnt, fir datt eventuell och - einfach, ech soen et elo abstrakt - awer de Risiko vun Abusen net soll gi ginn. An nei Gesiichter an der Politik sinn eben einfach wichteg, wann ee wëllt neie Wand, nei Iddie mat erabréngen.

An déi virgeschloe Fro hei, déi erméiglecht jo dann, ebe mat enger politescher Alternance an Erneierung, eben dann, oder déi politesch Alternance duerch regelméisseg Ministermandater ze erneieren, fir dann déi Alternance ze férderen.

Ech wëll och kloer soen - dat war virdrun och hei kuerz zitéiert ginn -, jo, et ass eppes aneschters, wéi wann een elo géif soen, mir verbidden dem Wieler, fir nach eng Kéier Leit kënnen ze wielen. Dat ass och kloer. Hei geet et wierklech nëmmen ëm Regierungsmemberen, déi designéiert ginn. Mir wëllen nämlech net, datt de Bierger dobaussen net méi de Choix hätt, fir kënnen e Politiker ze bestëmmen oder e Politiker an d'Chamber ze huelen. Dat wëlle mer wierklech net. Dat wier eigentlech konträr zu dem partizipative Gedanken, dee mer wëlle weider férderen.

Madame Presidentin, ech kommen zu de Konklusiounen. Ech mengen, d'Majoritéit huet hei équilibréiert Froe fir de Referendum vum 7. Juni formuléiert. Et si Froen, déi et eis erlaben, eis Verfassung, eis Demokratie un dat 21. Jorhonnert unzepassen, ouni d'Gesellschaft ze splécken.

D'DP ass eng Partei vum Fortschrëtt, eng Partei, déi net zu allem Nee seet, mä sech kloer fir eng Weiderentwécklung an eng Moderniséierung vun eiser Gesellschaft asetzt, dëst an engem demokrateschen a partizipative Prozess. Duerfir steet d'DP och fir dräimol Jo de 7. Juni.

Dëse Referendum ass aussergewéinlech an eiser Geschicht, well en et wäert erméiglechen, datt wichteg gesellschaftlech Froen net laanscht d'Vollek, mä mat de Leit beäntwert ginn.

Duerfir kann ech, Madame Presidentin, och de vollen Accord vu menger Partei zum Gesetz, zu engem Referendum, dësem Gesetz vun engem Referendum de 7. Juni an deene verschiddene formuléierte Froen abréngen. An duerfir ginn ech also och den Accord vu menger Fraktioun zu dëser Proposition de loi.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci dem Här Eugène Berger. Als nächste Riedner ass agedroen den Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Franz Fayot *(LSAP).-* Merci, Madame President. Madame President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, wa mer haut iwwert dës Proposition de loi Bodry-Loschetter-Berger diskutéieren an ofstëmmen, ass dat e wichtege Schrëtt an d'Richtung vun der Ëmsetzung, net nëmme vum Regierungsprogramm ënnert dem Kapitel „Renouveau démocratique", mä och vum LSAP-Wahlprogramm vun 2013. De Prinzip vun enger Verfassungsreform mat direkter Volleksbedeelegung iwwer zentral Froen ass am Programm vun eiser Partei virgesinn.

Besonnesch wat d'Wahlrecht ugeet, huet d'LSAP sech fir d'Opmaache vum aktive Wahlrecht fir Auslänner a fir mannerjäreg Lëtzebuerger tëschent 16 an 18 Joer, an deenen zwee Fäll op enger fräiwëlleger Basis, staarkgemaach. Mir begréissen dofir, dass onse Parteiprogramm zu engem gudden Deel vum Regierungsprogramm iwwerholl gouf an elo mam Vote vun dëser Proposition de loi um gudde Wee ass, ëmgesat ze ginn.

Zweck vum Auslännerwahlrecht ass et, e reellen Demokratiedefizit an eisem Land ze behiewen. Mat 44% Auslänner ass eist Land weltwäit an enger eenzegaarteger Situatioun. Déi Auslänner, déi hei liewen, wunnen a schaffen, sollen duerch d'aktiivt Wahlrecht mat an de politeschen Entscheedungsprozess agebonne ginn. Dëst ass en zentraalt Uleies an engem Land, dat sech gären op eng modern Opfaassung vum demokratesche Rechtsstat berifft.

Déi zweet Fro betrëfft dat aktiivt Wahlrecht fir jonk Lëtzebuerger tëschent 16 an 18 Joer op enger fakultativer Basis fir all Wahlen. Hei geet et drëm, déi Jonk un d'Politik erunzeféieren, op jidde Fall déi, déi sech derfir interesséieren, a se esou an d'Politik anzebannen. Fir dat fäerdegzebréngen, muss onst Land an d'politesch Bildung investéieren.

Mä och déi drëtt Fro iwwert d'Begrenzung vun der Dauer vun de Ministeschmandater op zéng Joer ouni Ënnerbriechung huet mam gudde Fonctionnéiere vun engem moderne Stat ze dinn. An et geet hei net drëm, wéi muncher dat behaapten, der CSV eng auszewëschen. Et geet net drëm, ze verhënneren, dass sech erëm e Besch, e Werner, e Santer oder e Juncker kann opbauen, deen dann 20 Joer oder méi Premier ka bleiwen, mä et geet hei villméi ëm eng reell Erneierung vum politesche Personal an esou och vläicht Leit dozou ze bewegen, Politik ze maachen, ouni sech e Liewe laang exklusiv enger politescher Carrière ze verschreiwen oder fir ëmmer hir berufflech Carrière mussen opzeginn.

D'Begrenzung vun der Dauer vun de Ministeschmandater op zéng Joer ouni Ënnerbriechung gëtt dofir vun der LSAP-Fraktioun begréisst an och ënnerstëtzt. Et war jo och ursprénglech d'Iddi vun eisem Spëtzekandidat Etienne Schneider, déi hire Wee iwwer eise Wahlprogramm an de Regierungsprogramm fonnt huet. Mir hoffen, dass dëst e Sënneswandel an d'Erneierung an d'Diversifizéierung an eisem politesche Personal mat sech bréngt.

Dat gesot, däerf een awer net verkennen, dass d'Longévitéit vum politesche Personal zu Lëtzebuerg enk mat eisem Wahlsystem zesummenhänkt. An enger gutt fonctionnéierender Demokratie ass d'Alternance Normalitéit. An et ass an alle parlamentareschen Demokratien aussergewéinlech, dass Ministere méi wéi zéng Joer onënnerbrach am Amt sinn. Am Fong misst dës Regel, iwwert déi mer d'Bierger elo consultéieren an déi et an där Form, menges Wëssens op alle Fall, néierens gëtt, ganz seelen zum Spille kommen, oder si misst vun de Parteie selwer duerchgesat ginn.

Mä hei spillt eisen extrem personaliséierte Wahlsystem eng net onwesentlech Roll: Well d'Parteien an engem System mat Panachage ofhängeg vu populäre Perséinlechkeete sinn, ass eng Mise à l'écart vun engem besser gewielte Minister zugonschte vun engem manner gutt gewielte Kandidat keng Selbstverständlechkeet. Souguer wann dës Regel kënnt, iwwert déi mer elo an dësem Referendum wëllen ofstëmmen, an d'Meenungsëmfroe weise jo, dass dëst ganz probabel ass, kënnt een hei nawell net laanscht eng Reflexioun iwwer eng Reform vun eisem Wahlsystem.

Madame President, déi zwou wuel wichtegst Froen an deem konsultative Referendum betreffen d'Wahlrecht vun den Auslänner a vun de mannerjährege Lëtzebuerger.

Wat d'Wahlrecht vun den Auslänner ugeet, esou ass en zentraalt Argument, wat een ëmmer erëm dergéint héiert, dat vun der Kopplung vum Wahlrecht mat der Nationalitéit. An et héiert ee jo vum CSV-Spriecher, dass dëst och am Fong nach ëmmer de Lien ass, deen d'CSV wëllt oprechterhalen, deen tëschent Wahlrecht an Nationalitéit. D'Wahlrecht wär en fait en Attribut vun der Nationalitéit, dat deene Leit virbehale wär, déi Lëtzebuerger sinn.

Une voix.- Très bien!

M. Franz Fayot *(LSAP).-* Mä et gëtt och eng aner, an den Ae vun der LSAP-Fraktioun vill méi valabel an der heiteger Zäit besser ugepasste Ststsheorie. Héich diversifiéiert Gesellschafte ginn haut geprägt duerch ganz diversifiéiert Populatiounen.

Dat ass fir Lëtzebuerg näischt Neies, well et do, wou et geopolitesch läit, am Laf vu senger Geschicht Migratiounen ausgesat war. Ons Gesellschaft kennt Immigratioune vu villen Zorten: Si kennt de fréien Zougang während méi oder wéineger laange Periode vun Aarbechter, Kaderen, Spezialisten, Experte vun allen Zorten, also vu Mënschen a Familljen aus aller Häre Länner, déi heihinnerkommen. Lëtzebuerg ass e gutt Beispill fir esou eng Zort modern Gesellschaft, déi näischt méi mat där Gemeinschaft ze dinn huet, wéi mer se nach viru 50 Joer a méi kannt hunn.

An esou enger Gesellschaft gëtt et e staarke Lien: nämlech dee vun dem Grondgesetz, vun der Verfassung. D'Verfassung schaaft Norme fir de Stat a fir déi, déi zu dësem Stat gehéieren, egal wou se hierkommen a wéi hir Vergaangenheet ass. Dës Normen erlaben en Zesummeliewen an en Zesummeschaffen. Dës Iddi ass net nei, et fënnt ee se schonn zu Roum am Cicero senger „Republik". Och fir den Cicero war d'Biergerschaft d'Rechtsgemeinschaft vun de Bierger, déi op d'Grondgesetzer baséiert.

De Philosoph Immanuel Kant huet de Stat als eng „Vereenegung vu Mënschen ënner Rechtsgesetzer" bezeechent.

Eng ähnlech Konzeptioun fënnt een och an der franséischer Constitutioun, direkt no der Franséischer Revolutioun. Do kann ee liesen, an der Constitutioun vu 1793 am Artikel 4: «Tout étranger âgé de 21 ans accomplis, qui, domicilé en France depuis une année, y vit de son travail, ou acquiert une propriété, ou épouse une Française, ou adopte un enfant, ou nourrit un vieillard, tout étranger enfin qui sera jugé par le corps législatif avoir bien mérité de l'humanité, tout étranger est alors admis à l'exercice des droits de citoyens français.» E schéinen Text!

Wie sech der Norm ënnerwerft, déi an de Gesetzer an an der Verfassung vun engem Land festgeluecht ass, deen ass also e Bierger vun deem Land, ass en Deel vun der Rechtsgemeinschaft, déi an deem Land besteet. Déi Rechtsgemeinschaft ass demokratesch regéiert, wann déi Leit, déi dorunner deelhuelen, d'Wahlrecht hunn.

An esou enger Konzeptioun vum Stat als Contrat social tëschent gläichberechtegte Bierger, déi sech all engem gemeinsame Grondgesetz an engem Korpus vu Gesetzer ënnerwerfen, ass d'Wahlrecht kee Privileg méi, dat mat der Nationalitéit zesummenhänkt. Et ass e Mënschenrecht!

Une voix.- Très bien!

M. Franz Fayot *(LSAP).-* D'CSV wëllt bekanntlech éischter iwwert de Wee vun der Naturaliséierung vun Auslänner un d'Fro vum Wahlrecht erugoen. Si wëllt deenen Auslänner, déi Lëtzebuerger wëlle ginn, de Wee zur Nationalitéit elo - relativ neierdéngs - méi liicht maachen, zum Beispill iwwer manner schwéier Sproochenufuerderungen, an domat och den Zougang zum Wahlrecht fir esou vill wéi méiglech Auslänner opmaachen.

Dat heescht awer nach ëmmer, dass d'Wahlrecht, also d'Recht, am Stat matzebestëmmen, vun der Statszougehéieregkeet ofhänkt. Déi Awunner, déi dat Wahlrecht net hunn oder net wëllen hunn, aus verschiddenaartege Grënn, sinn zwar de Gesetzer an hirem individuelle Liewen ënnerworf, kënnen awer net dozou bäidroen, déi Gesetzer matzebestëmmen.

Et gëtt eng aner Konzeptioun vum Statsrecht, déi seet, dass et eng Menschenwürde gëtt, onofhängeg vun der Statszougehéieregkeet, déi d'Basis vun de Grondrechter ass an och vun der Demokratie.

Une voix.- Très bien!

M. Franz Fayot *(LSAP).-* An där Optik kann een d'Wahlrecht vun der Nationalitéit lassléisen a se och op Biergerinnen a Bierger iwwerdroen, déi an engem Land liewen, schaffen, Kanner erzéien, Steiere bezuelen, Verflichtungen hunn an esou weider, awer net d'Nationalitéit vun deem Land hunn.

Déi Theorië sinn net op menger Mëscht gewuess. Si kann een zum Beispill noliesen, notamment an der Interventioun vum Professer Thomas Groß, Professer fir Verfassungsrecht zu Osnabrück, deen dat an engem Hearing beim Däitsche Bundestag gesot huet 2013, an och an engem Artikel vun engem anere Professer, dem Professer van Ooyen, deen dat publizéiert huet an enger Note vun der Friedrich-Ebert-Stiftung iwwert déi Froen.

Et muss een natierlech zouginn, dass déi traditionell Verbindung vu Wahlrecht - egal op wat fir engem Niveau - an Nationalitéit nach ëmmer déi heefegst an der Welt ass, well an de meeschte Länner d'Zuel vun den auslännesche Bierger relativ niddreg ass. Mä och do ass an deene leschte Jorzéngten eng Entwécklung festzestellen: D'Migratiounen huelen zou, net nëmmen, well Mënschen zum Beispill no Europa komme wëllen, fir do e bessert Liewen ze hunn, mä virun allem awer brauchen déi héich

entwéckelt Länner - wéi mir an Europa oder an den USA - Aarbechtskräften, well hir Demografie dat net méi hiergëtt. An dofir gëtt et déi Diskussioun iwwer Nationalitéit a Wahlrecht iwwerall.

Esou Entwécklunge sinn net ëmmer einfach, weder fir d'Mënschen, déi kommen, nach fir déi, déi do sinn. Si verlaangen, zesummen ze sinn an net géinteneen.

Une voix.- Très bien!

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Déi Entwécklunge si besonnesch an den zwee leschte Jorzéngte weidergaangen an hunn ons Gesellschaften ëmmer méi oppe gemaach. Si hunn awer och ëmmer erëm zu Spannunge gefouert a féieren och haut nach zu esou Spannungen, wann een zum Beispill rietsextrem Tendenzen a Länner ronderëm ons gesäit opkommen.

Et muss een drun erënneren, wéi schwéier et fir Lëtzebuerg war, beim Vertrag vu Maastricht 1993 d'europäesch Biergerschaft an domat d'kommunaalt Wahlrecht fir net Lëtzebuerger Uniounsbierger anzeféieren. Déi gréissten Horrorzeenarie goufe vu verschiddene Säiten deemools évoquéiert: D'Auslänner géifen d'Muecht am Land an an de Gemenge mat héijen Auslännerzuelen iwwerhuelen.

Lëtzebuerg huet deemools nëmme mat gréisster Virsiicht dat Wahlrecht ugeholl. Et gëtt elo nach eng Ausnahmeregelung fir ons am Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne, am Artikel 22 Paragraf 2, dat heescht fir Länner, déi méi wéi 20% Auslänner an hirer Bevëlkerung hunn. An d'Europäesch Kommissioun mécht all Joer e Rapport iwwert d'Situatioun an deene Länner.

Lues a lues hu mer awer an deene leschten zwanzeg Joer agesinn, dass dat Wahlrecht keng Katastroph fir Lëtzebuerg war an och nach ëmmer keng ass! Mir hunn duerno souguer dat kommunaalt Wahlrecht op Bierger aus Drëttstaten ausgedehnt. A Lëtzebuerg ass doduerch nach ëmmer net zesummegebrach, bien au contraire! Lëtzebuerg huet sech brillant entwéckelt, wirtschaftlech grad wéi kulturell. Mir hunn eng ganz oppen, tolerant Gesellschaft, an där d'Lëtzebuerger mat villen Auslänner gutt eens ginn.

Mä déi wichteg verfassungsrechtlech Lektioun aus dem Vertrag vu Maastricht war an ass eben, dass duerch d'Citoyenneté européenne d'Wahlrecht, an zwar dat aktiivt a passiivt, vun der Nationalitéit getrennt gouf. Et war fir d'Éischt, dass et méiglech war ze wielen, wou ee gelieft huet, dat heescht matzebestëmmen, ouni Lëtzebuerger ze sinn.

Am Ausland gëtt et e puer Länner, e puer Beispiller: Chile, Uruguay, Ecuador, Neiseeland, wou d'Wahlrecht fir Auslänner och fir Legislativwahlen agefouert gouf. Neiseeland ass e speziell liberaalt Beispill, well et do keng Residenzkonditioun gëtt. Dat Land huet dat gemaach. Et ass och e Land mat enger grousser auslännescher Bevëlkerung. An do gesäit een, dass d'Wahlrecht fir all Institutiounen absolutt akzeptéiert ass, mat exzellenten Erfahrungen.

Iwwert d'Auswierkunge vun esou enger Politik schreiwen zwee Auteuren am „New Zealand Journal of public and international Law", dass déi Participatioun vun Immigranten de Prozess vun der politescher Integratioun accéléréiert huet an doduerch tëschent Immigranten an Autochthonen eng harmonesch Gemeinschaft entstanen ass, déi op alle Pläng ganz schnell zesummewiisst.

Wat d'europäesch Biergerschaft ugeet, huet et sécher laang gedauert, bis auslännesch Biergerinnen a Bierger no an no vun där Zort vu Participatioun Gebrauch gemaach hunn. An och haut ass dat nach net evident, Auslänner dozou ze bréngen, sech fir d'Lëtzebuerger Politik ze interesséieren.

Mir hunn dofir Ustrengungen op alle Pläng ënnerholl. Mir hunn onst Wahlgesetz geännert, fir op d'Netlëtzebuerger zouzegoen, zum Beispill, dass mer d'Délaie verkierzt hunn, fir sech an d'Wielerlëschten anzeschreiwen, dass mer d'Openthaltsdauer verkierzt hunn. D'Parteien hunn och matgespillt, soudass haut eigentlech am Land eng positiv Stëmmung besteet, fir eng politesch Gemeinschaft tëschent Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger opzebauen.

Mä et bleift fir en Netlëtzebuerger schwéier, sech an dat Lëtzebuerger politescht Liewen ze knéien, et ze verstoen a matzemaachen. Och an de Parteien, wou mer net Lëtzebuerger Biergerinnen a Bierger integréieren, gesi mer, dass een d'Wahlgesetz an déi spezifesch politesch Mentalitéiten a Praktiken erkläre muss, déi historesch entstane sinn. An esou wäert et och wuel mam Auslännerwahlrecht fir d'Chamber goen.

Dofir ass d'Diskussioun net nëmmen déi vum Wahlrecht, mä virun allem vun der Manéier, wéi dat Wahlrecht exercéiert gëtt, wéi d'politescht Liewe praktizéiert gëtt, wéi d'Kommunikatioun organiséiert gëtt. An do sti mer ganz am Ufank vun der Reflexioun. An Däitschland hu se en Institut fir politesch Bildung. A villen demokratesche Länner gëtt et Stëftungen, déi déi politesch Reflexioun an Diskussioun weiderdreiwen.

Mir sinn zu Lëtzebuerg net ganz wäit komm, bis elo, an deene Saachen. Ech sinn zwar der Meenung, dass mer parallell zu der Mesure vum Auslännerwahlrecht wéi och beim Wahlrecht vu 16 Joer un ons eppes afale loosse mussen, fir d'Gestaltung vun der Politik an d'Verständnis vun de politesche Prozesser méi verständlech ze maachen. Et wär interessant, wéi dat am Regierungsprogramm an och an onsem Parteiprogramm steet, d'Iddi vun de politesche Fore weiderzedreiwen. Et geet net mat enger Versammlung duer! Et muss een der schonn eng Partie organiséieren, fir unzekommen an iwwert d'Medien an d'sozial Netzwierker Iddien eriwwerzebréngen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Här President,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- ...d'LSAP bekennt sech kloer zum Jo zum Wahlrecht fir Auslänner, déi säit zéng Joer hei am Land gewunnt hunn an déi scho virdru bei Gemengen- oder Europawahlen hei am Land matgemaach hunn. Fir d'LSAP ass dëst Wahlrecht e wichtegen Deel vun der Integratioun a vum Zesummeliewen an engem modernen an oppene Land wéi eisem.

Et huet awer näischt mat der Nationalitéit ze dinn. An dofir soll een dës Diskussioun an eisen Aen och net mat där iwwert d'Nationalitéitegesetz vermëschen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir schwätzen awer net nëmmen iwwert d'Auslännerwahlrecht, mä och iwwert d'Wahlrecht fir mannerjäreg Lëtzebuerger tëschent 16 an 18 Joer. International gëtt et zéng Staten, wou jonk Lejt ënner 18 Joer wiele kënnen. An der EU ass Éisträich dat eenzegt Land, wou dat méiglech ass.

Et gëtt vill Argumenter, fir déi Jonk méi an de politesche Prozess anzebannen, an zwar scho ganz fréi. Duerch d'Participatioun un de Wahle gi si responsabiliséiert. Si kënne bei Décisioune matschwätzen, déi si an hirem ganze Liewe bestëmmen. Well d'Gesellschaft ëmmer méi al gëtt, ass et gutt, och déi Jonk méi staark erunzezéien. D'Politik brauch och de Point de vue vun deene Jonken. Ons Zäit ass eng vun der méiglechst breeder Participatioun an der Gesellschaft. Firwat géife mer do déi Jonk ausschléissen?

Nu constatéiert een awer an de Sondagen, dass déi Jonk tëschent 16 an 18 Joer selwer net begeeschtert sinn, bei der Politik matzemaachen. Och dat ass ënnersicht ginn. De Grond fir dee Mangel u Begeeschterung wär eng Mëschung vun Onsécherheet a Seriositéit: d'Onsécherheet, capabel ze sinn, dee ganze System ze verstoen, an d'Entfremdung - et kann een dat wuel och „Politikverdrossenheet" nennen -, eng Incompréhensioun virun der Politik.

De Professer Hurrelmann, deen d'Shell-Studien iwwert déi Jugendlech pilotéiert huet, interpretéiert déi Haltung esou: Déi 12- bis 17-Järeg hunn e ganz komplext Bild vun der Manéier, wéi Politik fonctionnéiert. Fir si ass de politesche System eppes extrem Friemes, eppes Komplizéiertes, wat se mengen net meeschteren ze kënnen, an dofir wëlle se sech do eraushalen.

Dofir gëtt dann och staark op déi politesch Bildung gepocht. Déi meescht Impulser fir e Jugendlechen, sech fir Politik ze interesséieren, kommen, den Ëmfroen no, aus de Familljen oder vu Frënn a Kolleegen, mä net aus der Schoul.

Fir politesch Participatioun ze schafen, kann allerdéngs d'Schoul net eleng responsabel gemaach ginn. Et kann een d'Schoul net mat all neiem Problem belaaschten. Vill aner Akteuren hunn och do eng Verantwortung. Ech denken do an éischter Linn un d'Elterenhaus.

D'Parteien a besonnesch d'Jugendorganisatioune vun de Parteie musse sech ëm déi Jugendlech bekëmmeren, an zwar net déi vun 30 bis 35 Joer. Neen, déi vu 15 bis 18 Joer! Si solle Seminären organiséieren, déi Jugendlech oppen an objektiv informéieren, se léieren, d'Problemer ze erkennen, d'Politik net als eppes héich Theoretesches ze gesinn, mä als eppes Konkretes, wat dat dagdeeglecht Liewe bestëmmt. Jugendlecher solle mat eelere Politiker zesummekommen a léieren ze diskutéieren a sech auszedrécken. Dofir huet d'Parteiefinanzéierung Mëttele virgesinn. An och do sinn d'politesch Parteie gefuerdert.

Do huet d'Jugendparlament sécher och eng wichteg Roll ze spillen. Et gëtt nun eben och bei de Jugendleche politesch Käpp, déi anerer matzéie kënnen a matrappe kënnen. Esou kann een e Milieu schafen, wou méi passiver a méi ängschtlecher mat aktive Jugendlechen zesummekommen a matgerappt ginn.

Mä d'Schoul huet och eng Verantwortung. D'LSAP proposéiert, an den ënneschte Klassen am Secondaire ze investéieren, d'Biergererzéiung - Instruction civique - anzeféieren an d'politesch Participatioun an de Schoulen ze fërderen. Aus enger Studie vun der Friedrich-Ebert-Stiftung vun 2013, „Politikunterricht im Fokus", geet ervir, dass, wat een dat méi fréi an der Schoul mécht, wat ee méi fréi ufänkt mat der politescher Bildung, wat een doduerch eng besser Abannung vun de Jonke kritt. An dës Studie weist och, dass, wann dat net geschitt, besonnesch déi sozial Schwaach aus dem politesche Liewen ausgeschloss bleiwen. Raison de plus, fir et ze maachen, fir jiddweree mat an deen Effort do anzebannen.

Am augenblickleche Programm vun der Instruction civique geet och iwwert d'Parteie rieds. Mä et hänkt vun den Enseignanten of, wat a wéi do iwwer Politik, Parteien, politesch Prozesser geschwat gëtt. Et ass net nozevollzéien, ob dat e frontale Cours mat Fakten an Informatiounen ass oder éischter e partizipative Cours. Et wär ze wënschen, dass d'Schoul léiert ze diskutéieren, Faiten ze sammelen an opzeschaffen, perséinlech Aarbechte fir den Astieg a politesch Problemer ze privilegéieren.

Et ass sécher eng wichteg Diskussioun am Zesummenhang mam Wahlalter, wéi d'Instruction civique op d'Erzéiung vum Bierger an aller Objektivitéit an Toleranz weiderentwéckelt ka ginn a wat fir eng Roll den Enseignant dobäi ze spillen huet. Eng Roll, déi sécher net einfach ass an enger Matière, wou d'Meenunge sech gäre géintiwwerstinn.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, mat dësem Referendum geet d'Chamber nei Weeër an der partizipativer Demokratie an eisem Land. D'LSAP begréisst dat ausdrécklech!

Et ass scho gesot ginn, mir hunn zu Lëtzebuerg am Fong keng Referendumskultur. Dofir sinn déi véier Referenden, déi mer säit 1919 haten, ze vill ënnerschiddlech vläicht. 1919 goung et engersäits ëm d'Statsform, anerersäits iwwert d'wirtschaftlech Ubannung u Frankräich oder d'Belsch. 1937 hu mer iwwer e Gesetz ofgestëmmt, wat schonns vun der Chamber ugeholl war: d'Maulkuerfgesetz. An 2005 hu mer an zweeter Liesung iwwert den europäesche Vertrag ofgestëmmt.

Elo stëmme mer de 7. Juni iwwer dräi Froen of. An déi Befroung ass konsultativ. Dobäi ka kee sech verstoppen an d'Parteie mussen alleguer Faarf bekennen.

Wat d'sozialistesch Fraktioun ugeet, wäerte mir eis kloer un d'Resultat vun dësem Referendum halen. Mir wäerten de Wëlle vum Lëtzebuerger Vollek respektéieren. Bei anere Parteie schéngt dat net esou kloer ze sinn.

Mir hunn elo just héiere vum CSV-Spriecher - an och gelies haut am „Lëtzebuerger Wort" -, dass d'CSV sech géif fräihalen, fir d'Resultater vum Referendum ze interpretéieren, dass d'CSV sech géif virbehalen - an dat ass haut gesot gi vum Fraktiounschef vun der CSV -, fir a Fonctioun vun der Proportioun vum Resultat, a Fonctioun vum Déroulement vum Débat sech ze entscheeden, wéi se sech géif verhale par rapport zu deem Resultat vun deem Referendum.

Ech mengen, d'Leit dobausse sollen dat wëssen. D'Leit solle wëssen, dass d'CSV, déi grouss Oppositiounspartei, sech fräihält, fir de Wëlle vum Souverain à sa guise, no Kritären, déi si sech fräi festsetzt, ze interpretéieren a fir a Fonctioun dovunner dann ze décidéieren, wéi se sech verhält!

(Protestations)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dir misst awer vläicht nolauschteren, wat genau gesot gëtt, anstatt emol einfach Saachen esou ze behaapten! Lauschtert no...

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Am Endeffekt...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...oder liest et no!

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Am Endeffekt mam Resultat - wann dat dann esou ausgeet; kommt, mir ginn dovunner aus vläicht, dass op där enger oder anerer Fro d'Resultat knapps ass -, dass d'Minoritéit nun emol sech géif u sech duerchsetzen an dëser Diskussioun, dass elo emol de Wëlle vun der Minoritéit méi wichteg wär wéi dee vun enger Majoritéit, souguer wa se ganz knapps ass. Ech mengen, dat muss een hei an aller Kloerheet soen. An d'Leit dobausse sollen dat wëssen an dëser Diskussioun!

Une voix.- Très bien!

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- D'LSAP hofft, dass de Rendez-vous mat de Bierger an deenen nächste Méint e flotte Moment vun direkter, vu geliefter Demokratie gëtt. Ech wënsche mer, dass dësen Débat op eng konstruktiv Aart a Weis gefouert gëtt. An et ass un de Parteien, de Parteien hei an der Chamber, fir dësen Débat mat Liewen ze fëllen.

Den Alex Bodry huet vun enger „sachlecher a kontroverser Diskussioun" geschwat. En huet sech gefrot, ob mer räif wären, fir dës Diskussioun op déi Aart a Weis ze féieren. An ech mengen, et gëtt effektiv en Test!

Ech muss soen, wann ech der CSV hir Attitüd hei gesinn an dëser Diskussioun an hir nawell virulent Aart a Weis, fir un dës Diskussioun erunzegoen, an, jo, ech muss soen, op eng obstruktiv Aart a Weis an net ouni mauvaise Foi - wéi se déi Froen auserneenhëlt, wéi hei alles, alles a Fro gestallt gëtt, wéi alles auserneegepickt gëtt, wéi alles contestéiert gëtt, wou ee mat näischt d'accord ass, souguer net mam Prinzip...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Wou mer nach ëmmer keng Äntwert kruten!

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- ...vun dësem Referendum! -, da gëtt et mer e bësse baang, muss ech soen!

An da muss ech mech froen, ob hei net au contraire vun der Oppositioun eng politesch Instrumentaliséierung vun dësem Referendum gemaach gëtt,...

(Interruption)

...ob net hei vun der Oppositioun justement probéiert gëtt, fir dëse Referendum an eppes ëmzewandelen, wat en net ass, fir en ëmzewandelen an e Plebiszit, an eng Ofstëmmung géint d'Regierung! Dat ass meng Angscht. An ech hoffen, dass dat eng onbegrënnt Angscht ass. Mä ech fäerten dat, wann ech déi Discoursen héieren.

Ech mengen och, dass, wa mer déi Diskussioun féieren, mer se musse féiere scho mam Bléck op deen zweete Referendum, deen 2017 wäert stattfannen ënnert dem Artikel 114 vun der Verfassung, well justement dës dräi Froen net lassgebonne si vun der globaler Reform vun der Verfassung. Si sinn net am loftleere Raum entstanen, contrairement zu deem, wat Verschiddener versichen, hei ze soen. Si sinn en Deel vun engem Ganzen. Et ass en Deel vun enger Verfassung fir Lëtzebuerg fir d'21. Jorhonnert!

A meng Fraktioun wäert sech ganz kloer dräimol mat Jo heizou prononcéieren. Mir wäerten alles maachen, dass dee Referendum gewonne gëtt.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Fayot. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt fir d'Éischt emol dem Rapporteur vun där Proposition de loi Merci soen, dem Alex Bodry, fir säin ausféierleche schréftlechen an nach méi ausféierleche mëndleche Rapport, deen a mengen Aen och näischt un Däitlechkeet ze vermësse gelooss huet an deen och fir mech ganz verständlech war.

Ech wëll och all deene Kolleegen, déi viru mir geschwat hunn, Merci soe fir eng Rei ganz interessant Punkten, déi awer och hei an der Diskussioun opkomm sinn. An ech wëll zu gudder Lescht och der Madame Loschetter, menger Fraktiounscheffin, Merci soen, déi als Coauteurin vun där Proposition de loi kee Problem dermat hat, datt ech als Member vun der Institutiounskommissioun fir déi gréng Fraktioun hei däerf Stellung huelen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Gär geschitt!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Mir hu jo deen dankbare Modell 2, dee mer et erlaabt, och e bësselchen den Historique ze maachen, wéi mer zu där Diskussioun, déi mer haut féieren, iwwerhaapt komm sinn. An am Géigesaz zum Här Bodry an och zu enger Rei anere Virriedner wëll ech net op de Referendum agoen, mä eigentlech op d'Constitutioun, d'Constitutioun, déi mer hunn.

Déi éischt, déi mer kritt hunn, déi éischt demokratesch Verfassung, dat war den 9. Juli 1848. Mir haten deemools eng konservativ Regierung, déi hat d'Zensuswahlrecht bäibehalen, mä déi liberal Fraktioun van deemools konnt awer eng Verfassung nom belsche Virbild duerchsetzen. Lëtzebuerg ass eng konstitutionell Monarchie ginn. An de Prinzip vun der Souveränitéit vum Vollek war awer deemools nach net an der Verfassung festgehale ginn.

Déi Verfassung ass och eng Zäit ausser Kraaft gesat ginn. An d'Constitutioun vum 17. Okto-

ber 1868, déi ass eigentlech haut nach en vigueur, och wann et natierlech am Laf vun der Zäit eng ganz Rei Ännerunge goufen. Déi Constitutioun vun 1868 war ronn 50 Joer guer net geännert ginn. 1990, also nom Éischte Weltkrich, koum...

(Interruption)

1919! Hat ech net esou gesot, Här Meyers? Dann hat ech mech verschwat, entschëllegt!

1919 koum et zu wichtegen Ännerungen. Du war et erëm roueg ëm d'Verfassung, bis et nom Zweete Weltkrich, am Joer 1948, zu enger ganzer Rei wichteger Neierunge komm ass, well d'Demokratieverständnis sech weiderentwéckelt hat. An duerno sinn nach vill Ännerunge komm, op déi ech natierlech net all wëll agoen. Mä e puer ass et mer awer wichteg hei ze ernimmen.

Zum Beispill: Mat der Revisioun vum 29. Abrëll 1999 ass den Artikel 18 an eis Constitutioun komm. An do steet dran: «La peine de mort ne peut être établie.» Dat ass een Artikel, dee mir perséinlech ganz wichteg ass. An duerfir hunn ech mer och elo e Pleséier gemaach, en nach eng Kéier hei ze zitéieren, obschonn en eigentlech näischt mam Sujet weider ze dinn huet. Mä ech brénge meng aner Beispiller awer, déi si ganz enk un de Sujet vun haut gebonnen.

An zwar wëll ech nach op d'Ännerung agoe vun 1972. Do hate mer den aktive Wahlalter vun 21 op 18 Joer erofgesat an de passive Wahlalter vu 25 op 21 Joer. An et huet och gedauert bis 2003, wou mer erëm eng Ännerung vun der Constitutioun gemaach hunn, wou dat passiivt Wahlrecht och op 18 Joer fixéiert ginn ass.

Mir haten och, an dat ass dann déi lescht wichteg Revisioun vun der Constitutioun, déi ech wëll ernimmen, den 23. Oktober 2008 hate mer eng Rei Ännerunge vun der Constitutioun gemaach wat d'Nationalitéit vum „Lëtzebuerger sinn" oder „Lëtzebuerger ginn" betrëfft.

Am 21. Jorhonnert ass et du mat Ännerungen an engem ganz schnelle Rhythmus weidergaangen. Mir haten Ännerungen 2000, 2003, 2004, 2005, 2006, 2007, 2008, 2009, an dunn ass et zu engem Avis vum Statsrot komm, dee gesot huet: „Majo, dat ass jo awer eigentlech net ganz seriö. Wier et net besser, Dir géift d'Verfassung eng Kéier ganz iwwerschaffen, anstatt datt Der permanent eenzel Artikelen ofännert?"

A well d'Chamber déi Meenung vum Statsrot gedeelt huet, ass den 21. Abrëll 2009 d'Proposition de révision 6030 vum honorabelen Här Paul-Henri Meyers déposéiert ginn. Domat wollt d'Chamber évitéieren, datt et zu enger, ech zitéieren, „banalisation des révisions constitutionnelles" kéim.

D'Constitutioun ass dee wichtegsten Text, dee mer hunn. Dir wësst, datt mer eng Ännerung just kënne maachen, wa mer eng Zweedrëttelmajoritéit vun den Deputéierten hunn an datt et kee Vote par procuration gëtt. Den Text, deen an enger éischter Lektür votéiert ass, muss duerch en zweete Vote confirméiert ginn, an dat fréiestens no dräi Méint. Et sief dann, et géif een, ënnert den noutwendege Konditiounen, den Text engem Referendum ënnerzéien. Dat wier dann awer eng aner Zort Referendum wéi deen, vun deem mer haut schwätzen. Dee Referendum ass och ugekënnegt, mä net fir haut. Esou wäit si mer nach net.

Firwat soen ech dat alles? Majo, d'Institutiounskommissioun vun der Chamber schafft mindestens zënter 2009 un enger Reform vun eiser Constitutioun. Do ass vill a gutt Aarbecht gemaach ginn. Et gëtt och probéiert, ëmmer no engem gréisstméigleche Konsens ze sichen. Wann een d'Aarbechtsdokument kuckt - déi lescht Versioun vum Aarbechtsdokument ass vum 10. November 2014 -, da stellt ee fest, datt ganz vill Ännerunge proposéiert ginn an datt dat alles an engem grousse Konsens geschitt ass, vläicht esouguer an der Unanimitéit.

An der Diskussioun loosse sech vill Differenze léisen an op ee gemeinsamen Nenner brëngen, awer net alleguerten. Déi Differenzen, déi sech net am Konsens léise loossen, ware bekannt. An dat hat d'Regierung derzou verleet, fir an hire Regierungsprogramm ze schreiwen, datt mer 2015 géifen d'Leit, d'Vollek ënner Form vu Referendum zu e puer essenziell wichtege Froe befroen.

An déi wichteg Froe waren: de Finanzement vun de Ministres des cultes - an et ass kloer, datt et déi Froe waren, well dat eben och aus der Verfassung kënnt; dat steet genau esou an der Verfassung - ech kommen nach dorop zréck -, iwwert d'Droits politiques des citoyens non luxembourgeois, iwwert d'Bedeelegung vun deene Jonke vu 16 Joer un an iwwer eng Limitatioun vun der Zäit vun de Ministeren, vun der Mandatsdauer vun de Ministeren.

D'Diskussioun an der Institutiounskommissioun stoung op. Déi Lénk hunn och eege Propositioune bruecht vu Referendumsfroen, interessant Propositiounen, déi allerdéngs net aus de jorelaange Verfassungsdiskussiounen an der Institutiounskommissioun erausgaange sinn an duerfir och kee Konsens fonnt hunn.

De Referendum ass kee Selbstzweck, an dës Regierung huet och net an hirem Programm stoen, fir an dëser Legislaturperiod e Modell vun direkter Demokratie anzeféieren, wéi mer en zum Beispill aus der Schwäiz kennen. Mir wollten an der Fro vun der Reform vun eiser Verfassung weiderkommen, an duerfir wollte mer op Positiounen, wou mer scho jorelaang campéieren, zu enger Décisioun kommen.

D'CSV an d'ADR fannen et keng gutt Iddi, fir e Referendum ze organiséieren, an hu sech net un der Diskussioun bedeelegt.

Op enger Pressekonferenz hat ech virun zéng Deeg ënner anerem gesot, an den Här Wiseler hat et och hei schonn ugefouert, datt et natierlech schued wier, datt d'CSV hire Memberen a Sympathisante géif recommandéieren, fir bei den dräi Referendumsfroen dräimol mat Neen ze stëmmen. Ech hunn och gesot, dat wier allerdéngs konsequent vun der CSV an duerfir och net weider verwonnerlech.

Schliisslech stinn déi Referendumsfroe jo am Zesummenhang mat der Revisioun vun der Verfassung, iwwert déi scho jorelaang diskutéiert gëtt. An eben op dëse Punkte war keen Accord mat der CSV ze fannen.

Ech hat och gesot, wann d'CSV hire Sympathisante proposéiert hätt, dräimol mat Jo ze stëmmen, da wier dat engersäits super gewiescht. Dann hätte mer jo e politesche Konsens gehat. Anerersäits hätte mer e Problem, wat den ugekënnegte Referendum vum 7. Juni 2015 betrëfft, well dee bräichte mer jo dann net méi.

D'CSV hat schonn eng Kéier hir Meenung geännert. Si hat nom Accord vun der Regierung an de Reliounsgemeinschaften akzeptéiert, fir den Artikel 106 «Les traitements et pensions des ministres des cultes sont à charge de l'État et réglés par la loi.» aus der Constitutioun ze sträichen.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Nodeems en Accord war mat der Kierch, wat mer vun Ufank u gesot haten, datt deen Accord sollt probéiert ginn ze kréien. Dat war och relativ konsequent.

(Interruptions)

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Très bien! Ech huelen dat gären zur Kenntnis, Här Wiseler.

Nodeems Der laang net dermat d'accord waart, waart Der d'accord, fir den Artikel 106 aus der Constitutioun ze sträichen. Mir hunn doropshi gesot, majo, déi Referendumsfro, an et war genau déi, si war formuléiert: „Sidd Dir mat der Iddi averstanen, datt de Stat net méi d'Verflichtung huet, d'Paien an d'Pensioune vun de Kultusdénger vun de Glawensgemeinschaften ze iwwerhuelen?" Déi hat op eemol e grousse politesche Konsens fonnt. Dat hat zur Konsequenz, datt mer déi véiert Fro aus der Proposition de loi vum Referendum gestrach hunn.

Wann d'CSV och bei deenen dräi anere Froen hir Positioun geännert hätt, dann hätte mer eis logescherweis missen iwwerleeën, ob mer dann iwwerhaapt ee Referendum géife maachen.

Et gëtt vill Froen, zu deenen ee kann ee Referendum organiséieren, Här Wiseler. Dir hutt jo och gesot, Dir hätt der vill. Mä Dir hutt se awer och net an d'Diskussioun erabruecht. A mir hunn ëmmer kloer gesot, datt d'Absicht vun eis wär, ech hunn et scho virdru gesot, net fir an dëser Legislatur op de Schwäizer Wee vun der direkter Demokratie ze goen, mä fir Kloerheet ze kréien, wéi eng Richtung verschidde Punkten an eiser Verfassung solle kréien.

Déi dräi Froen, déi elo nach iwwreg bleiwen, ginn allen dräi an d'Richtung vu méi Matbestëmmung. Méi Leit solle sech an der Politik abréngen. Méi Leit solle participéieren, sollen d'Méiglechkeet kréien, sech politesch ze engagéieren a responsabel ze handelen. Méi Leit solle sech kënnen u politesche Wahlen als Wieler bedeelegen.

Déi dräi Froen, déi iwwreg bliwwe sinn, an do deelen ech d'Astellung vum Här Bodry, déi erfëllen eigentlech déi dräi Kritären effektiv. Si si verfassungsrelevant. Si si kontrovers. Awer och erëm net esou kontrovers, datt schonn eng Majoritéit do wär. A si sinn och, wat d'Äntwert betrëfft, onmëssverständlech. Do kann d'Institutiounskommissioun weiderschaffen, wa mer d'Äntwerte vum Vollek op déi dräi Froen hunn.

Déi éischt Fro: „Sidd Der averstane mat der Iddi, datt d'Lëtzebuerger, déi tëschent 16 an 18 Joer al sinn, d'Recht kréien, sech fakultativ an d'Wielerlëschten anzeschreiwen, fir als Wieler bei de Wahle fir d'Chamber, d'Europaparlament an de Gemengerot souwéi bei Referende matzemaachen?". déi gréng hu scho laang an hirem Wahlprogramm stoen, datt mir fir d'Wahlrecht vu Jonker vu 16 Joer u sinn. Mir wëssen, datt dat ëmstridden ass. Net nëmmen a konservative Kreesser, souguer bei enger Rei Jonker selwer.

Meeschtens leeft d'Diskussioun drop eraus, datt déi Eeler, an zum Deel och déi Jonk selwer, jonke Leit mat 16 oder 17 Joer keen oder kaum ee politescht Uerteel zoutrauen. Si mengen, déi Jonk hätte keen Interessi un der Politik, géife sech liicht beaflosse loossen, hätte keng Ahnung vu Politik.

Deem setze mir entgéint, datt et och vill Leit iwwer 18 Joer gëtt, déi keen Interessi un der Politik hunn, déi sech liicht beaflosse loossen an deenen hiert politescht Uerteel net reng op Fakte berout.

Et gëtt och nach heiansdo argumentéiert, datt d'Wahlrecht misst un d'Groussjähregkeet gekoppelt sinn. Do gëtt d'Bild vun engem Jonke vermëttelt, dee viru sengem 18. Gebuertsdag méiglechst näischt däerf, a vun deem Dag un, wou en da seng 18 kritt, op eemol all Diere soll opgemaach kréien. Dat ass e Bild vum Mënsch, dat mir net deelen.

Fir eis ass erwuesse ginn e Prozess, eng Entwécklung, déi Schrëtt fir Schrëtt virugeet. A mir hunn där Schrëtt schonn e puer gemaach. Zum Beispill Auto fueren, ass jo wichteg och bei eis am Land, Conduite accompagnée däerf ee scho mat 17 maachen. D'Schoulflicht geet bis 16 an net bis 18. Mir mudde Jonken zou, schaffen ze goen, Steieren ze bezuelen, awer wielen däerfe se net goen.

Eist Strofrecht mécht natierlech, an zu Recht, en Ënnerscheed tëschent engem Mineur an engem Majeur, mä och ee Jugendleche vu 16 oder 17 ka vum Jugendriichter un e Strofgeriicht verwise ginn.

Mir erwaarden eis, datt déi Jonk an d'Schoule sech méi wäerte fir d'Politik interesséieren, wa Jonker kënne wiele goen. Mir sinn der Meenung, datt et e Gewënn fir eis alleguer ass, wa mer deene Jonken d'Méiglechkeet ginn, sech méi fréi politesch ze engagéieren an ze responsabiliséieren.

Bei de Chamberswahlen 2013 ware ronn 240.000 Wieler ageschriwwen. Ech weess net genee, wéi vill Jonker mer zu Lëtzebuerg hunn, déi tëschent 16 a 17 Joer al sinn. Ech weess awer, datt ee Joergang zu Lëtzebuerg eng ronn 5.000 Leit duerstellt. Dat si graff déi Zuelen, déi sech aus de Schoulstatistiken erausliese loossen. Da schwätze mer hei vun engem Potenzial vu ronn 10.000 zousätzleche jonke Wieler, an dovu sinn der vill Netlëtzebuerger. An d'Aschreiwe vun deene Jonken ass jo och nach fräiwëlleg.

D'Wielerpotenzial gëtt also net gewalteg an d'Luucht gesat. déi gréng sinn der Meenung, datt et eisem Land an eiser Politik guttdeet, wa mer déi Jonk encouragéieren, sech fir Politik, also fir d'Gestaltung vun deem Land, an deem si méi laang nach wäerte liewe wéi mir alleguerten heibannen, fir si derfir ze interesséieren.

déi gréng sinn der Meenung, datt bei eis den Undeel vun de Wieler, déi net méi am aktiven Aarbechtsprozess sinn, verhältnisméisseg grouss ass. Eng Verjüngung vun der Wielerschaft ass an eisen Aen eng richteg Décisioun. D'Leit ginn ëmmer méi al haut, dat huet nach de Mëtteg eis Familljeministesch gesot, dat ass och gutt esou. Mä mir fannen et awer och wichteg, datt mer duerfir eng Verjüngung kréien, datt déi Jonk och kënne wiele goen.

Mir wäerten eis drëm beméien, bei villen Diskussiounen, bei Ronndëschgespréicher, Versammlunge mat de Medien, déi eis zur Dispositioun stinn, méiglechst vill Mënsche fir de Jo zu dëser éischter Referendumsfro ze iwwerzeegen an ze begeeschteren. Et geet, wuel bemierkt, hei just ëm dat aktiivt Wahlrecht. Et ass net gefrot an och net virgesinn, den Alter fir dat passiivt Wahlrecht erofzesetzen.

Et geet hei och just ëm Lëtzebuerger Wieler. Dat ass fir kloer dës Fro vun der zweeter Fro ze trennen, fir datt mer déi Froen och kënnen onofhängeg vunenee weiderverschaffen an eisen Aarbechte vun der Reform vun der Constitutioun.

Ech kommen dann zu der zweeter Fro: „Sidd Dir mat der Iddi averstanen, datt d'auslännesch Matbierger d'Recht kréien, sech fakultativ an d'Wielerlëschten anzeschreiwen, fir als Wieler bei Chamberswahle matzemaachen, an dat ënnert der besonnescher duebeler Bedéngung, datt se op d'mannst während zéng Joer zu Lëtzebuerg gewunnt hunn a virdru scho bei Gemengen- oder Europawahlen zu Lëtzebuerg matgemaach hunn?"

Den 1. Januar 2014 hu ronn 550.000 Leit zu Lëtzebuerg gewunnt. Mir wëssen, datt dovu praktesch 45% Netlëtzebuerger sinn. A mir wëssen och, datt déi Tendenz weider wäert klammen.

An der Stad Lëtzebuerg hunn den 31. Dezember 2014 107.340 Leit gewunnt. Dovu waren 69% Netlëtzebuerger. D'Stater Buergermeeschtesch ka vu sech soen, si wier Buergermeeschtesch vun enger Stad, wou ee groussen Deel vun de Bierger d'Méiglechkeet huet, si ze wielen. Well mer an der Stad wéi eben an all Lëtzebuerger Gemeng d'Méiglechkeet hunn, datt d'Netlëtzebuerger och kënne wiele goen. Datt se net genuch dovunner profitéieren, ech mengen, dat hu mer an der Politik och als wichtege Sujet erkannt. Mä d'Méiglechkeet besteet, an dat ass jo ëmmerhin den éischte Schratt, fir och méi Participatioun ze kréien.

Bei de Chamberswahle geet dat net. An eiser aktueller Constitutioun steet: «Pour être électeur, il faut:», éischte Punkt, «1° être Luxembourgeois ou Luxembourgeoise; (...)» Mir wëllen, wann d'Majoritéit vun de Bierger mat Jo stëmmt bei der Fro, eng kleng a bescheiden Ouverture maache fir déi vill Netlëtzebuerger, déi bei eis wunnen a schaffen, déi bei eis akafe ginn, Steiere bezuelen, deenen hir Kanner bei eis an d'Schoul ginn an déi hir Fräizäit bei eis verbréngen, eng Ouverture, se ënner gewësse Konditiounen och u Chamberswahlen deelhuelen ze loossen.

Ech nennen et eng kleng a bescheiden Ouverture. Et si Konditioune gesat: zéng Joer am Land wunnen a schonn zumindest un enger Wahl deelgeholl hunn. An da geet et hei och nëmmen ëm dat aktiivt Wahlrecht. Dat passiivt Wahlrecht bleift de Lëtzebuerger virbehalen.

Dat si Konditiounen, déi méi Leit ausschléisse wéi se zu de Wahlen zouloossen. déi gréng wieren och gär bereet, déi Ouverture e bësse méi grouss ze maachen. Mir stinn awer selbstverständlech zu deem Kompromëss, dee mer fonnt hunn. An och wann ech gesot hunn, et ass eng kleng a bescheiden Ouverture, dann ass et awer eng wichteg a symbolträchteg. Mir mengen, datt et richteg ass, déi Ouverture ze maachen.

D'Virstellung, mir géifen eng Kéier hei sëtzen an däitlech manner ewéi d'Halschent vun de Leit, déi hei wunnen, hätten nëmme méi d'Recht, fir eis ze wielen, dat ass fir eis keng schéi Virstellung. Mir sinn der Meenung, datt et wichteg ass, deen Débat zu Lëtzebuerg ze féieren, wou mer stinn a wou mer hiwëllen. Mir sinn der Meenung, datt, wa mer méi politesch Participatioun wëllen, da musse mer méi Leit et erméiglechen, Zougang zu de Wahlen ze kréien.

An ech soen och hei ausdrécklech dem Franz Fayot Merci fir seng interessant Bemierkungen, déi e gemaach huet, wat et heescht, Bierger an enger heiteger Gesellschaft ze sinn. Dat ass e flotten Argumentaire, Här Fayot. Ech hoffen, Dir erlaabt mer, datt ech och nach wäert dorop zréckgräifen, wa mer an der Diskussioun dobausse mat Argumenter nach weider fir déi Iddi hei antrieden.

D'CSV mengt, de Wee zu méi Participatioun misst iwwert d'Nationalitéitegesetz goen. Ech si frou iwwert déi Ouverture. An den Här Wiseler klengt 2014 esou wéi den Här Braz 2008 geklongen huet.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Jo! Jo!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Residenzzäit méi kuerz, Sproocheklausel net esou streng. Mir freeën eis op déi Diskussioun. A wann den Här Wiseler och virdru gemengt huet, en huet e bësse gedroht, wa mer elo hei aus der Constitutioun eraushuelen, datt een net méi muss Lëtzebuerger sinn, a mer hunn elo nach hei Konditiounen, mä da maache mer d'Dier op, wie weess, vläicht kënnt nach eng Kéier, huelt emol déi Zäit vun der Residenzdauer, gi mer vun zéng op aacht Joer erof, oder op fënnef.

Här Wiseler, dat ass denkbar. Ech mengen net, datt mer hei stoe bleiwen, mä alles zu senger Zäit. An, Här Wiseler, Dir sidd jo och net stoe bliwwen. Dir hutt lech jo an der Nationalitéitefro hei immens beweegt. An dat ass jo flott. Et ass och flott, wann Dir, zwar mat engem gewëssene Retard, awer och mat der Zäit matgitt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Mir mengen awer, datt dat eng Diskussioun ass, wat d'Nationalitéitegesetz betrëfft, déi eng aner ass wéi iwwert d'politesch Participatioun. Et gëtt gutt Grënn, den Zougang zu der Lëtzebuerger Nationalitéit net onnéideg schwéier ze maachen. Et gëtt gutt Grënn, fir d'Participatioun zu de Chamberswahlen e bësse méi einfach ze maachen. Déi Grënn iwwerschneide sech, jo, mä si sinn net identesch.

A wann Der just wëllt iwwert d'duebel Nationalitéit fueren, Här Wiseler, da muss een, an och den Här Berger huet dat scho gesot, da

muss een awer trotzdeem der CSV soen, datt Der eng ganz Rei Leit diskriminéiert, déi aus Länner kommen, déi keng duebel Nationalitéit kennen. Ech hunn un Éisträich an u Spuenien geduecht. Den Här Berger huet och nach Holland, Dänemark a Polen ernimmt. Dat wier jo och zweeërlee Mooss, dat mer da géife mat deene Leit maachen, déi bei eis am Land wunnen.

Une voix.- Et sinn och souverän Staten, déi décidéiere fir sech.

Une autre voix.- Dat ass net eise Problem.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Loosst lech net oflenken, Här Adam!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Mir wäerten eis derfir asetzen, fir méiglechst vill Leit dovun ze iwwerzeegen, datt mir Lëtzebuerger net méi aarm ginn, wa mer e Stéck vun eise Wahlprivilegien un eis net Lëtzebuerger Résidenten ofginn, mä am Géigendeel, datt dat fir all Awunner hei am Land e Gewënn wäert sinn.

Déi drëtt Fro: „Sidd Dir mat der Iddi averstanen, d'Zäit, während där eng Persoun ouni Ënnerbriechung Member vun der Regierung däerf sinn, op maximal zéng Joer ze begrenzen?"

Dës Fro ass och verfassungsrelevant, well se d'Rechter vun eenzelne Mënschen aschränkt. Et geet hei net ëm de Cumul vu Mandater. Do wiere mir Gréng ganz wäit matgaangen, mä iergendwéi schéngt nach keen esou richteg wëlle mat eis an déi Richtung ze goen. An et ass och kloer: Esou e Wee kann een net eleng goen. Dat ass schonn eng gemeinsam Décisioun, déi d'ganz politesch Klass muss droen.

Hei geet et ganz einfach ëm d'Fro, ob een no zéng Joer Regierungsaarbecht soll eng Paus maachen oder net. Mir sinn der Meenung: Dach, et soll een eng Paus maachen.

Déi Paus ka gären an der Chamber gemaach ginn. Et ass ëmmer erëm schéin ze erliewen, wéi e fréiere Minister ganz engagéiert en Dossier verteidegt, deen hien nach aus senger fréierer Regierungszäit kennt. Mir sinn och der Meenung, datt et genuch talentéiert Leit am Land gëtt, datt mer kee mussen éiweg halen, well et ouni hien net géif goen. De Kierfecht läit voller Leit, déi gemengt hunn, et géif net ouni si goen. An och Politiker sinn, ënnert dem Strëch, stierflech.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Mir sinn der Meenung, datt mer keng Ministere brauchen, déi Erfahrung hunn, fir jorelaang Problemer auszesëtzen! Do schénge mer dann eng aner Meenung ze hu wéi déi gréisst Oppositiounspartei.

Den honorabele Marc Spautz hat op der CSV-Pressekonferenz gemengt, seng Partei wier géint d'Beschränkung vun der Mandatszäit vun engem Regierungsmember. Et wier jo de Wieler, deen engem géif den Optrag ginn, an d'Regierung ze goen, an duerfir sollt een dem Wieler dat net ewechhuelen. Dobäi weess den Här Spautz ganz genee, wéi mir och alleguer, datt de Wieler d'Leit an d'Chamber wielt, datt e gutt Wahlresultat sécherlech hëlleft, Chancen op e Regierungsposten ze kréien, mä datt dat awer keng Selbstverständlechkeet ass.

Dës Regierung - a bal all Regierung virdrun - huet Leit an d'Regierungséquipe opgeholl, déi net extra gutt gewielt waren, an och Leit, déi guer net u Wahlen deelgeholl hunn.

Mir huelen och, an dat ass mer awer och extrem wichteg, mir huelen de Leit näischt ewech! Ech weess net, Här Wiseler, wéi Der kënnt soen, mir wéilten de Leit eppes ewechhuelen. Mir verbidden hinnen och näischt. Mir stellen eng Fro! Mir stellen eng Fro a mir hunn och alleguerten erkläert, datt mer eis wëllen un déi majoritär Äntwert halen. Wann d'Leit majoritär soen: „Dat ass eng gutt Iddi. Mir sinn och fir de Renouveau, datt e bësselche Bewegung kënnt!", dann akzeptéiere mer dat. A wann d'Leit do mat Nee stëmmen, da soe mir: „D'Leit wollten dat net." Da respektéiere mer dat och.

Et ass scho gesot ginn: Wien däerf wiele goe bei dësem Referendum? Nëmme Lëtzebuerger. Mir hu keng aner gesetzlech Basis.

Mir hunn och am Virfeld eng Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg gehat. Déi Viraarbecht, déi Zesummenaarbecht ass net gekënnegt an och net ofgeschloss. Et muss een allerdéngs och kloer an däitlech soen, datt d'Uni Lëtzebuerg eis ka wëssenschaftlech begleeden, awer net eis politesch Aarbecht ka maachen. Eis politesch Aarbecht, déi musse mir nach ëmmer selwer maachen.

Et ass och ugekënnegt ginn, datt no deem heite Referendum weider un der Constitutioun geschafft géif ginn. An da steet en nächste Referendum - an dat gëtt dann en aneren, mat bindendem Charakter - iwwert déi ganz Verfassung am Raum. Dat gëtt nach e spannende Moment, mä do si mer nach net derbäi.

Op alle Fall, ech hoffen, et ass kloer a mengen Ausféierunge ginn: déi gréng wäerte sech asetzen, fir méiglechst vill Leit ze begeeschteren an ze iwwerzeegen, bei den dräi Referendumsfroe mat Jo ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Adam. Nächste Riedner ass den Här Roy Reding. Dir hutt d'Wuert, Här Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech wollt dem Franz Fayot besonnesch Merci soe fir seng interessant Ried, wou ech zwar mat kaum eppes d'accord sinn, mä doriwwer kréie mer nach interessant Diskussiounen. E sot: „Mir hu keng Referendumskultur." Ech gi méi wäit an ech soen: Mir hunn heibanne keng Verfassungskultur!

Generatioune vun Deputéierte kommen heihinner virun dëst Pult a schwieren en Eed, d'Verfassung ze respektéieren. A Generatioune vun Deputéierten hu Gesetzer gestëmmt, déi duerno vun eiser Cour constitutionnelle als net verfassungskonform festgestallt goufen! A wat war déi traureg Reaktioun dorobber, ganz oft, net ëmmer? Hu mer d'Gesetz geännert? Neen, mir hunn d'Verfassung geännert!

Dat ass e bësselchen deen Tenor, deen ech och hei gesinn, well och hei gëtt nees e Gesetz gestëmmt, wat net verfassungskonform ass a mengen Aen. Eng Verfassungsännerung ass keng liicht Saach. Kéint een eng Verfassung jee no politescher Majoritéit all fënnef Joer änneren, ma da wier et jo keng Verfassung! Da wier et eppes wéi e Gesetz.

D'Verfassung, ass hei gesot ginn, beinhalt d'Grondrechter vun de Bierger, d'Grondregele vum Fonctionnement vum Stat a vu sengen Institutiounen. An den Här Adam huet mer e ganz besonnesche Pleséier gemaach, wéi en den Artikel 18 zitéiert huet: «La peine de mort ne peut être établie.» Wat wier esou en Artikel wäert, Här Adam, wa 50,01% vun der Bevëlkerung e kéinten änneren? E steet ebe just an der Verfassung, fir datt net 50,01% vun der Bevëlkerung oder vun den Deputéierten heibannen e kënnen änneren, mä zwee Drëttel, an dat si 66,66%!

Eng Verfassung mécht also absolutt kee Sënn, kee Sënn, wa se ka mat enger klenger Majoritéit geännert ginn! A genau duerfir gesäit eis Verfassung, wéi iwwregens praktesch all Verfassunge vun der Welt, spezifesch Regele vir, wéi se ka geännert ginn. Déi Regele si ganz, ganz kloer. Den 19. Dezember 2003 hunn heibannen 59 Deputéiert vu fënnef Parteien, also bis op d'Ausnahm vun engem eenzegen Deputéierten d'Deputéiert hei alleguerten, den Artikel 114 geännert. Virdrun huet d'Chamber missen opgeléist ginn, fir datt d'Verfassung konnt geännert ginn. Dat gouf ofgeschaaft.

A säit deem Dag seet eis Verfassung am Artikel 114, wéi se ka geännert ginn: «Toute révision de la Constitution doit être adoptée dans les mêmes termes par la Chambre des Députés en deux votes successifs», an zwar avec «au moins les deux tiers des suffrages des membres de la Chambre, les votes par procuration n'étant pas admis.» Esou kann d'Verfassung geännert ginn, an nëmmen esou kann d'Verfassung geännert ginn!

Wann Dir e Sondage wëllt maachen, wat d'Leit denken, maacht e Sondage! Mä nennt en net en «référendum constitutif», well et ass kee Référendum constitutif!

Plusieurs voix.- Consultatif!

M. Roy Reding *(ADR)*.- Neen, neen, neen! Consultatif ass e souwéisou nëmmen. Neen, „constitutif" huet den Här Professer Dokter Heuschling vun der Uni Lëtzebuerg dee Referendum genannt, deen Der hei maacht.

Et gëtt eng Majorité constitutionnelle. An déi Majorité constitutionnelle, Här Bodry, dat ass net eng kleng Majoritéit! Dat ass och net de Wëlle vum Vollek mëssuecht, wann ee seet, eng Majorité constitutionnelle si 66,6%!

(Interruption)

Déiselwecht gréng, rout a blo Parteien, déi den Artikel 114 hei matgestëmmt hunn, wéi déi Verfassung ka geännert ginn, genau déi...

(Interruption)

...setze sech elo iwwert déi Verfassung hei ewech a wëllen eis hei, well se genau wëssen, datt net zwee Drëttel vun den Deputéierte mat hire Positiounen d'accord sinn, iwwert dëse Referendum eppes ënnerjubelen!

Här Bodry, Dir däerft mer eng Fro stellen.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Éischtens, et muss eng Prezisioun sinn, dass de Professer Heuschling awer ni a Fro gestallt huet, dass e Referendum zu deenen dote Froe kéint hei zu Lëtzebuerg stattfannen. An e fënnt och, dass déi Froen an de Referendum u sech verfassungskonform sinn. Nëmme fir dat kloerzestellen!

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo,...

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Déi zweet Fro ass - do ass en also net Ärer Meenung -, déi zweet Fro ass: Wann Der sot, fir d'Verfassung géif nëmmen zielen eng Zweedrëttelmajoritéit, wéisou ass et da méiglech, dass am Artikel 114 steet, dass den zweete Vote vun der Chamber ersat gëtt duerch e Referendum? An do geet eng einfach Majoritéit duer.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo, Merci, Här Bodry. Genau dat doten: Eng einfach Majoritéit geet duer, nodeem heibannen eng Majorité constitutionnelle vu 66,66% war! An alles aneschters si Wénkelaffekotstricken,...

(Exclamations)

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dir sidd gutt placéiert! Dir sidd gutt placéiert, fir dat ze jugéieren!

M. Roy Reding *(ADR)*.- Alles aneschters si Wénkelaffekotstricken, fir d'Verfassung, fir den Artikel 114 vun der Verfassung, deen Dir selwer gestëmmt hutt, ze ëmgoen! D'Verfassung, Dir violéiert d'Verfassung! D'Verfassung ass bei lech kee Fascht wäert!

(Interruption)

Dëse Referendum ass kee Référendum constitutif, et ass e Gimmick, et ass e Gadget, et ass e Sondage! Mä dee Sondage, an ech si frou, datt mer hei an den Oppositiounsparteien do enger Meenung sinn, mir loossen eis do...

(Interruptions)

...net virun Är Kar spanen. An à moins, datt eng Majorité constitutionnelle do wier, dat géife mer dann emol gesinn,...

(Interruptions)

...hale mir eis als ADR un eise Wahlprogramm!

D'Doppelzüngegkeet, wat d'Referenden ugeet... Här Bausch, Dir grinst grad esou schéin! Här President, däerf ech dem Här Bausch soen: Wéi mir heibannen den Tramreferendum gefrot hunn, sot den Här Angel, ech zitéieren en elo net wuertwiertlech: „Doriwwer gouf et schonn e Referendum, an dat waren d'Wahlen! Dir als ADR waart déi eenzeg Partei, déi géint den Tram war. Dir krut nëmme 7%. Also sinn 93% vun der Bevëlkerung fir den Tram. Also brauche mer kee Referendum."

(Interruption)

Ma mat deemselwechten Argument soen ech lech: Och d'Wahlrecht fir Auslänner stoung an de Programme vun de Parteien. An heibannen ass eng Majoritéit, eng „constitutif" Majoritéit, déi ganz kloer an hire Wahlprogrammen hat, datt se net fir dee Wahlprogramm (veuillez lire: fir dat Wahlrecht) war! Also brauche mer kee Referendum, well mir wëssen, datt mer keng Majorité constitutionnelle hunn heibannen...

(Interruption)

...heibannen hu fir eng Ofännerung vun der Verfassung, wat d'Wahlrecht fir Auslänner ugeet.

(Interruptions diverses)

Déiselwecht Doppelzüngegkeet hate mer net nëmme beim Tramreferendum, mir hunn och e Referendum proposéiert iwwert d'Bestietnis vun den Homosexuellen! Ass dat net eng gesellschaftlech Fro, wou een hätt kënnen d'Bierger froen? An dat war e Gesetz! An do, jo!, do wier och eng kleng Majoritéit, 50,01, déi wier och do determinant gewiescht.

Also nach eng Kéier, ganz kloer: Den eenzege Référendum constitutionnel, deen et gëtt, dat ass deen zweete Referendum nom Vote hei an der Chamber. Deen ass vun der Verfassung virgesinn, an do stëmmen d'Bierger jo och of iwwer e ganz prezisen Text, iwwer genau deen Text, dee mer hei festhalen! Net den Artikel xy, mä den Artikel 1, den Artikel 2, den Artikel 3 an esou weider. An natierlech ass dee Vote décisiv! An natierlech, wa méi wéi 50% vun der Bevëlkerung, also vun de Wieler deen Text géifen oflehnen, dann ass e vum Dësch.

Zur Opportunitéit vun de Froen ass hei scho vill gesot ginn. Et ass scho gutt gelaacht ginn. Net zu Onrecht huet den Här Wiseler op genau déi Punkten higewisen, déi mir u sech och doranner deelen. Ech freeë mech jiddefalls drop, wann déi Fro zum Beispill iwwert déi zéng Joer Ministeschzäit géif mat enger Majoritéit beluecht ginn, op dem Här Asselborn seng Demissioun den 8. Juni, fir d'Konsequenz ze zéien aus dem Vollek sengem Wëllen.

Mä firwat goufen déi dote Froen erausgewielt a keng aner? Et ass virgehäit ginn, mir als Oppositioun hätte keng Propositioune gemaach. An do soen ech och datselwecht wéi de Fraktiounschef vun der CSV: Mir hu keng Propositioune gemaach, well mer géint de Prinzip selwer vun deem Referendum sinn, well mer dee Prinzip selwer fir anticonstitutionnel halen.

Mä wa mer awer elo aginn an engem Débat op déi Froen, déi een hätt kënnen oder hätt solle stellen: Kommt, mir schwätze vum Artikel 1! Am Artikel 1 schwätze mer haut vun eisem Land als dem „Grand-Duché de Luxembourg". Dir wëllt dat änneren an an Zukunft soll Lëtzebuerg „Luxembourg" heeschen. Et deet mer leed, datt den Etienne Schneider net méi hei ass, soss hätte mer iwwer Nation Branding kënne schwätzen: Wéi vill Diere mécht dat eis op an der Welt, well mir deen eenzege Grand-Duché sinn op der Welt?! Ass dat net en Atout, dee mer hunn? A wier net e Changement de nom eppes gewiescht, wou mer d'Vollek hätte kënne froen?

De Statschef: Bis elo hu mer e Grand-Duc. An der neier Verfassung, wéi Dir se proposéiert, schwätze mer nach just vun engem „Chef de l'État". Et ass en germe d'Ofschafen oder déi potenziell Ofschafung vun der Monarchie. Firwat hutt Der déi Fro net gestallt? D'Kolleege vun der Partei vun déi Lénk hunn dat proposéiert. Firwat ass déi net gestallt ginn?

Firwat stellt Der keng Fro iwwert de Wahlsystem? Et wier jo eng interessant Fro, fir ze wëssen, firwat datt zum Beispill eis Wieler am Osten, déi eis mat 8,7% gewielt hunn, heibannen absolutt net vertruede sinn! Ass dat direkt Demokratie? Ass dat Är partizipativ Demokratie, déi Der gären hätt?

Also ganz kloer, fir eis ass dat doten e Gimmick, e Gadget. Mir wäerten eise Wieler proposéieren, eisem Kongress proposéieren, datt en eise Wieler proposéiert, datt se dräimol mat Nee stëmme bei deenen dote Froen. A fir de Rescht freeë mer eis op eng ganz interessant an hoffentlech och heiansdo hëtzeg Debatt.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Reding. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Wann ech de Reding esou..., den Här Reding, pardon!

(Hilarité générale)

Une voix.- Dir waart elo richteg lancéiert!

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Pardon, et war e Lapsus, et war net...

(Interruption)

Wann ech den Här Reding esou hei héieren, da mengen ech bal, mir wieren amgaang, eng total Illegalitéit hei ze maachen. Dobäi ass de Referendum eppes, wat an der Verfassung virgeschriwwen ass!

Une voix.- Très bien!

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- A mir sinn eis driwwer eens...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

A mir sinn eis driwwer eens, dass en eng konsultativ Wierkung huet bei der Verfassungsännerung, wou selbstverständlech all Partei - och d'ADR! - hir Verantwortung muss iwwerhuele vis-à-vis vun deem,...

(Interruption par M. Roy Reding)

...wat d'Majoritéit vum Vollek wäert esou oder esou soen. An dee ganzen Zirkus, deen hei opgefouert gëtt, mat „Gimmick", angeblechem Gimmick an esou weider, dat ass jo just e Gimmick, fir vun der Verantwortung vun der ADR ofzelenken, déi sech wäert stellen nom Referendum! Ganz kloer!

(Interruptions)

Wéi se sech och wäert stellen...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

...vun all Partei. Wéi se sech wäert stelle vun all Partei heibannen!

(Interruptions diverses)

Une voix.- D'Décisioun ass elo schonn do, virum Referendum!

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Här President, déi Referendumsdiskussioun hei ergëtt sech jo aus deenen ongeléiste Froen aus der Verfassungsdiskussioun, an zwar deene Froen, op deenen et keng Zweedrëttelmajoritéit gëtt. Do si mer eis eens. Mir mengen awer, dass aner Froe fir eis an och fir vill Leit dobausse gradesou wichteg wieren.

A mir hunn - am Géigesaz zur CSV - iwwregens déi Froen agereecht an d'Kommissioun, während d'CSV hei seet, si hätt hir Froen net agereecht, déi se hei opgezielt huet, well se de Referendum net wollt legitiméieren. Si wollt also de Referendum delegitiméieren hei, andeem se keng Froen agereecht huet, déi jo hirer Meenung no esou wichteg sinn.

Une voix.- Très bien!

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Ech wëll also op dräi Froekomplexer hei agoen, déi eiser Meenung no hätte misse behandelt ginn.

Éischte Froekomplex: Wéi sinn d'sozial Rechter an der neier Verfassung formuléiert? Si se staark formuléiert? A sinn et Rechter, déi och aklobar sinn? A kann de Stat am Artikel 1 vun der Verfassung nëmmen als „demokratesch" definéiert ginn, an net och ausdrécklech als „sozial" definéiert ginn? Mir haten dat als Referendumsfro formuléiert. Et ass ofgelehnt ginn. Mir hunn och konkret Änderungsvirschléi an der Verfassung an déi Richtung gemaach. Déi sinn och alleguerten ofgelehnt ginn, iwwregens vun alle Parteien, déi ausser eiser an der Verfassungskommissioun sinn.

Deen zweete Froekomplex: Wéi ass et grad an dësen Zäiten, wou et ëmmer méi Detailer gëtt iwwer Internet- an Dateniwwerwaachung, wat do reell geschitt, wéi ass et do mat dem perséinleche Recht op Dateschutz, mat der sougenannter „informationeller Selbstbestëmmung"? Dat heescht, och mam Recht, fir selwer kënne mat ze décidéieren, wat mat sengen Date geschitt, am Kader vun engem Gesetz natierlech.

Dat war eng weider zousätzlech Fro, déi mer wollten am Referendum stellen. Déi ass och ofgelehnt ginn. Allerdéngs ass do d'Diskussioun nach net fäerdeg, wat d'Formuléierungen am Verfassungstext selwer ugeet. Do ginn d'Diskussiounen och an der Verfassungskommissioun weider an do wäerte mer och weider eng konstruktiv Roll dobäi spillen.

Drëtte Froekomplex, an dat ass fir eis e ganz wichtegen: Ass et net un der Zäit, bal 100 Joer nom leschte Referendum vun 1919 iwwert d'Monarchie, dass d'Leit erëm gefrot ginn, ob se d'accord sinn, dass an den Artikel 2 vun deem neie Verfassungstext, deen an der Ausaarbechtung ass, soll stoe kommen, dass d'parlamentaresch Demokratie zu Lëtzebuerg d'Form vun enger konstitutioneller Monarchie soll unhuelen?

Ech wëll hei betounen, dass e ganzt Kapitel vum neie Verfassungsentworf - an dat soll virun dat stoe kommen iwwert d'Chamber - der Familljeregelung vum Grand-Duc consacréiert soll ginn. Dat, wat ee fréier „Fürstenrecht" genannt huet, gëtt also Deel vun der Verfassung, also Froe vu Filiatioun - eigentlech sinn dat jo biologesch Froen, wann ech dat richteg verstanen hunn - vum Statschef a vu sengen Nofolger. Déi biologesch Froe stinn elo an engem Grondtext iwwer Demokratie, iwwert d'Regelung vun der Demokratie hei am Land!

Mir fannen dat e bëssen eng komesch Situatioun. A mir fannen och, dass een d'Leit doriwwer hätt kënne froen, besonnesch well jo gesot gëtt, dat wier ee vun de wichtegen Aspekter, d'Neiuerdnung an der Verfassung vun der Relatioun vis-à-vis vum Grand-Duc.

A wann d'Leit dann déi Fro vun der konstitutioneller Monarchie mat Jo beäntwert hätten, dann hätt sech fir eis och als zweet Fro gestallt: Wat sollen dann d'Rechter vun deem Monarch sinn? Soll en zum Beispill weiderhi kënne Gesetzer eleng a sengem Numm erloossen? – „Promulguer!" - Solle kënnen all Uerteeler a sengem Numm ausgefouert ginn? Sollen all Traitéë vun him ënnerschriwwe ginn an all Statsbeamte vun him agestallt ginn, wéinstens formell? Esou ass et virgesinn! Oder soll de Grand-Duc net eng reng symbolesch Roll kréien, wéi a Schweden zum Beispill?

Ech mengen och nach, dass sech dohannert aner Froe verstoppe wéi déi vun de Relatiounen tëschent der Regierung, déi jo eigentlech de Grand-Duc vertrëtt an der Realitéit, vis-à-vis vun der Chamber. Mä ech hu keng Zäit, dorobber anzegoen.

Mir mengen awer, dass d'Fro vun der Statsform eng vun deene wichtege Froen ass, déi sech an dëser Verfassungsfro stellt. A wann dat keng „konstitutiv" Fro ass oder eng konstitutionell Fro ass - fir et richteg ze soen -, da froen ech mech, wat esou eng Fro ass.

Leider hu mer et net fäerdegbruecht, fir eng Referendumsfro dozou duerchzekréien, déi mer awer formuléiert haten.

Prinzipiell menge mer zu där ganzer Verfassungsdiskussioun, dass, wa mer eng nei Verfassung maachen, dat ëmmer och eng Richtungsdebatt an der Gesellschaft viraussetzt. Wat ass de Sënn vun enger neier Verfassung, wa se keng nei Weeër opmécht? A wann ee wëllt nei Weeër goen, da muss een och zesummen an am Virfeld mat de Leit iwwert déi Weeër diskutéieren, se och zum Deel zesumme mat de Leit ausschaffen.

Wéi zum Beispill an Island et sech gewisen huet, wou eng Verfassung op enger breeder Basis, an engem breede konsultativen, participative Prozess mat de Leit ausdiskutéiert ginn ass. Mir hu vun deem Modell vill geschwat. Mir hunn en awer ni esou ëmgesat, mat enger klenger Ausnahm, dat ass déi Debatt, déi mer elo wëlle féieren iwwer Internet, wou Leit kënne Froen eraschécken zur Verfassung, wou se kënne Formuléierunge selwer zur Verfassung eraginn.

Mir gesinn och, wéi den Här Fayot, d'Verfassung éischter als e Grondvertrag tëschent de Bierger an net als e Grondvertrag tëschent de Parteien hei an der Chamber. Duerfir menge mer och, dass d'Haltung, déi hei d'CSV prinzipiell, net am Detail vun de Froen, ageholl huet, dass dat eng falsch ass, wa se der Majoritéit reprochéiert, de verfassungsméissege Konsens hei an der Chamber violéiert ze hunn, andeem se déi Froen do dem Vollek wëllt stellen, dass dat am Fong geholl e Mépris ass vun der Participatioun vum Vollek, un der Ausaarbechtung vun den demokratesche Regelen a vun der gronddemokratescher Regelung, an ëm déi geet et jo hei bei der Verfassung.

Mir ënnerstëtzen duerfir och d'Décisioun vun de Regierungsparteien, dee Referendum hei ofzehalen. Mir fannen, dass dat eng richteg Décisioun ass.

Doriwwer eraus si mer der Meenung, dass och aner Froen, ech hunn et scho gesot, sollen diskutéiert ginn, dass muss d'Debatt och iwwert déi gesamt Verfassung méi an der Ëffentlechkeet elo Fouss faassen. An ech hoffen och, dass dat wäert de Fall sinn an där Internetdiskussioun. Mir selwer hu beschloss zum Beispill, en alternativen Text vun enger Verfassung als déi Lénk auszeschaffen an och där breeder Diskussioun do ze ënnerwerfen.

Wat déi virleiend Froen elo ugeet, esou ënnerstëtze mer hir Richtung och grondsätzlech. A mir hunn et schonn e puermol gesot, dass mer recommandéieren, mat Jo ze äntwerten op all Fro, déi gestallt ass. Am léifsten hätte mer jo recommandéiert, véiermol mat Jo ze äntwerten.

Leider huet d'Majoritéit de Referendum ëm eng véiert Fro amputéiert. Eise Virschlag, fir déi Fro vun der Laizitéit a vun der Trennung vu Kierch a Stat ëmzeformuléieren an och esou kloer de Leit beim Referendum ze stellen, ass leider net ugeholl ginn, en ass vun alle Parteien an der Kommissioun ofgelehnt ginn. Ech wëll awer betounen, dass d'ADR net an där Kommissioun vertratt ass.

De Problem bleift och nach, dass DP, LSAP a Gréng sech eens gi si mat der CSV, fir en Text an d'Verfassung ze schreiwen, en eegent Kapitel an d'Verfassung ze schreiwen, wat heescht: „Des relations entre l'État et les communautés religieuses". Mir fannen, dass d'Kierchen do extra ervirgehuewe ginn an institutionell an d'Verfassung agebonne ginn. Ënner Trennung vu Kierch a Stat stelle mir eis eppes aneschters vir. Virun allem ass awer erëm eng Geleeënheet verpasst ginn, fir an der Ëffentlechkeet de Prinzip vun der Laizitéit breet ze diskutéieren.

A Wierklechkeet sinn also véier Froe vun eis ofgelehnt ginn, wann een déi nach derbäirechent vun der Laizitéit. Mir hunn eis duerfir och beim Rapport enthalen. Mir hunn eis nëmmen enthalen an net dergéint gestëmmt, well mer prinzipiell mat der Ausriichtung vun deenen dräi verbleiwende Froen d'accord sinn, obscho mer och do a verschiddenen Detailformulatiounen aner Virstellungen hunn.

Éischtens, d'Fro vum Awunnerwahlrecht. Mir touchéieren do natierlech de Fong vun der Demokratie. Honnert Joer no der Verallgemengerung vum Wahlrecht 1919 op d'Leit alleguer an och op d'Fraen, hu mer haut erëm de Problem, dass bal d'Halschecht vun den Awunner kee Wahlrecht huet.

Et si scho vill Argumenter hei gebraucht ginn, déi ech alleguerten deelen, fir d'Aféierung vun deem Wahlrecht. Een Argument schéngt eis awer wesentlech ze sinn. An dat ass dat, dass d'Salariéen aus dem Privatsecteur an hirer Majoritéit keng Lëtzebuerger Nationalitéit an also och kee Wahlrecht hunn. A mir fillen eis do zum Deel erëm zréck an d'Zäite versat vum Zensuswahlrecht am 19. Jorhonnert vis-à-vis vun engem Deel vun deene Leit, déi schaffe ginn. En Deel vun de Salariéen huet zu Lëtzebuerg kee Wahlrecht. Dat muss ee ganz kloer esou soen.

Dat ass och en Aspekt vun de wuessende sozialen Ongläichheeten, déi et gëtt an alle Länner. E Politolog vun Tréier huet haut am „Lëtzebuerger Wort" eng richteg Bemierkung dozou gemaach, dass am Fong geholl déi wuessend sozial Ongläichheeten e wichtegt Element vun der Demokratie sinn, wéi d'Demokratie soll ausgesinn. A mir mengen, dass dozou och d'Wahlrecht eng wichteg Roll misst spillen.

Et héiert een hei heiansdo, wéi wichteg et wier fir d'Integratioun, fir dass d'Leit Lëtzebuerger géife ginn. An ech muss soen, déi Remarquë kommen deelweis vun deeneselwechte Leit, déi ëmmer zum Beispill géint d'duebel Nationalitéit waren. D'ADR zum Beispill war ëmmer géint d'duebel Nationalitéit. Mir hunn dat elo zwar net vum Här Reding héieren, mä mir hunn et bei anere Geleeënheeten héieren, dass d'Nationalitéit soll un d'Wahlrecht gebonne sinn.

Déi Remarquë kommen och vu Leit, déi ëmmer de Fouss op der Brems haten, wann et ëm d'Ausweitung vun der Nationalitéit gaangen ass. Ënnert dem Här Frieden vun der CSV sinn et Réckschrëtter gi virun e puer Joer, wat d'Nationalitéitegesetz ugeet. An den Historiker Denis Scuto huet an deem Kontext vun Nationalpopulismus an Ethniséierung vun der Debatt ëm d'Nationaliséierung geschwat.

Dat ass ausgaange vun der CSV deemools. Duerfir wonneren ech mech, dass elo op eemol e Projet de loi hei déposéiert gëtt, deen nach verbessert ass par rapport zum Här Biltgen sengem. An ech mengen, dass déi konservativ Droite scho laang mat hirer Retizenz, déi se huet, fir den Auslänner d'Nationalitéit ze ginn, den Débat iwwert d'Wahlrecht nom Awunnerprinzip eigentlech richteg opgemaach huet.

An deen Débat ass net méi zréckzedréien. En ass net méi zréckzedréien, well geschwë 50% vun den Awunner d'Nationalitéit net hunn. En ass net méi ëmzedréien, well d'Bewosstsäin och an Europa gewuess ass, dass d'Wahlrecht a ville Fäll net méi un d'Nationalitéit gebonnen ass. Wann ech als Europäer an en anert Land wunne ginn, och nëmme fir kuerz Zäit, dann hunn ech do d'Wahlrecht, och vice versa.

(Interruption)

Ech schwätze jo net vun de Chamberswahlen.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Dann hunn ech d'Wahlrecht... Majo, dann hunn ech d'Wahlrecht bei Gemengewahlen, dann hunn ech d'Wahlrecht bei den Europawahlen. Dat ass awer schonn e wesentlechen Aschnëtt...

(Interruption)

...an de Prinzip, dass e Wahlrecht nëmmen un d'Nationalitéit ka gebonne ginn. A selbstverständlech huet den Auslänner hei déiselwecht Rechter. Mir hunn awer och laang versicht, him se ze verwieren, dat muss een awer och derbäisoen.

(Interruption)

Da kommen ech zum Wahlrecht fir déi Jonk. Déi Debatt ass jo am Ausland scho laang lancéiert. Et ginn och do positiv, mengen ech, Experienzen. An ech mengen, dass grad an dëser Zäit, wou sech grouss Froen an der Gesellschaft stellen, wou déi Jonk deelweis méi schlecht Perspektiven hu wéi hir Elteren, wéi se deeselwechten Alter haten, wou sech weltwäit Froe vu Fridden a Krich stellen, méi akut wéi virdrun, menge mir, dass déi Jonk déi sinn, déi am meeschten an am längsten d'Konsequenze mussen droe vun enger falscher Politik, déi haut kann décidéiert ginn.

Mir mengen duerfir, dass se och sollen un där Politikausschaffung bedeelegt ginn. An et gëtt absolutt keng Ursaach, fir dervun auszegoen, dass ee Jonken, dee mat 16 Joer ka schaffe goen, net déi intellektuell Fäegkeeten oder déi sozial Kompetenzen hätt, fir kënnen op d'mannst dat aktiivt Wahlrecht auszeüben a wielen ze goen.

Zur Begrenzung dann nach, zum Schluss, vun der Ministerzäit. Et geet och hei ëm eng demokratesch Fro. A mir mengen, dass et enger Demokratie net gutt geet, wann ëmmer déiselwecht Persounen op deeneselwechte Poste sëtzen. Dat ass och schonn e bëssen e monarchistesche Prinzip. Och Parteie ginn iwwregens ofhängeg dovunner, wéi vun enger Drog, wëll ech soen. An ech mengen, d'CSV weess, vu wat ech schwätzen.

(Interruption)

Iwwregens setzt dee Prinzip vun enger Mandatsbegrenzung jo och viraus, dass no enger Paus déiselwecht Leit erëm kënnen hir Talenter als Minister an den Déngscht vun der Allgemengheet stellen, wann d'Allgemengheet dat nach ëmmer wëllt. Iwwregens ass dee Prinzip eis jo och sympathesch, well en eng gewëssen Analogie huet mam Rotatiounsprinzip, deen déi Lénk a gewielte Gremie praktizéiert. Mir praktizéieren en, well en ausser enger Mandatsbegrenzung och nach de Virdeel huet vun enger Erneierung an Erweiderung vun de politesche Mandatairen.

Aus all deene Grënn an trotz deene Kritiken, déi ech am Ufank gemaach hunn un der Virgoensweis vun der Regierung, wäerten déi Lénk dee Gesetzesprojet hei stëmmen, well e fir d'Éischt zënter Laangem erëm eng Befroung vun der Bevëlkerung, allerdéngs, wat mer e bësse bedaueren, net vun der auslännescher Bevëlkerung, mä nëmme vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung virgesäit. An dat och nach zu e puer Froen, déi mer als wichteg empfannen, och wa mir der Meenung sinn, et wieren nach aner Froe ginn, déi een hätt kënne stellen.

Ech soen lech Merci. Mir stëmmen also fir dat Gesetz hei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Urbany. An d'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Statsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll den Intervenantë Merci soen, dem Rapporteur virun allem, deen och e ganz komplette Rapport gemaach huet.

Här President, erlaabt mer, dass ech fir d'Éischt op e Wuert zréckkommen, wat oft vun deem engen oder vun deem anere gebraucht ginn ass vu Wahlbedeelegung an op där anerer Säit vu Politikverdrossenheet. Dat eent huet mat deem aneren eppes ze dinn. Well wann de Wieler all fënnef Joer eng Méiglechkeet huet, fir seng Stëmm ofzeginn, ass en och frou, wann en d'Méiglechkeet kritt, bei wichtege Froen, wéi eng Orientatioun vun engem Land, matschwätzen ze kënnen.

Hei si Froen, déi déi eng an engem Parteiprogramm haten, déi aner net, a wou eng Koalitioun sech fonnt huet, déi gesot huet: Kommt, dat heite si Froen, wou mer der Meenung sinn, dass mer de Bierger solle froen.

De Bierger, ech ginn elo net op d'Zuelen an, wéi vill Prozent dat musse sinn. Mä de Message muss kloer si fir de Bierger, dass, wa kloer eng Majoritéit - 50,01% ass och eng Majoritéit - eng Décisioun hëlt, mir op jidde Fall, an ech schwätze vun den dräi Majoritéitsparteien, dat respektéieren. Dans les deux sens! Wa 50,01% vun de Leit Nee soen, da solle mer net duerch iergenden Trick probéieren, dann awer déi Texter iergendwéi, op iergendeng Manéier ze proposéieren ze änneren. Dat ass e Respekt vun enger Demande, déi de Bierger da kann trancheieren, ob hien der Meenung ass oder net.

Hei si Beispiller geholl gi vu Referendumen, déi am Ausland scho gestallt gi sinn. Ech wëll just soen, dass Frankräich och eng representativ Demokratie ass. An de Fraktiounschef vun där gréisster Oppositiounspartei huet eng Zuel vu Referendumen opgezielt, och mam Intitulé. An ech muss awer och soen, dass zum Beispill eng Fro, ob de President vu siwen op fënnef Joer d'Mandat erofgestallt soll kréien, fir mech op d'mannst - op d'mannst! -, wann ech hei vun enger Bedeelegung vun engem groussen Deel vun der Populatioun froen, op d'mannst esou wichteg, wann net méi wichteg ass, wéi einfach ze froen, ob d'Leit averstane sinn, dass ee vu siwen op fënnef Joer erofgeet. An dat an engem Land, wou och eng Représentation démocratique op jidde Fall ass. An duerfir sinn ech och der Meenung, dass ee keng Angscht soll hu virun engem Referendum.

Mir kréien hei virgeworf als Koalitioun, dass ee just sech op véier Froe limitéiert hätt. Ech wëll just erënneren, dass am Koalitiounsaccord „notamment" steet. „Notamment" heescht, dass dat keng aner Froen ausschléisst. Haut kréie mer reprochéiert, dass, well ee géint e Prinzip vum Referendum ass, da keng Froe stellt. Dat ass fir mech, muss ech lech soen, Här President, keng kohärent Äntwert.

Well et zielt een eis duerno, firwat et keng véier Bezierker ginn, firwat d'Zuel vun den Deputéierten net gestallt gëtt, firwat d'Aufgabe vum Conseil d'État net diskutéiert ginn, firwat net de Fonctionnement vun der Justiz, d'Aufgabe vun de Gemengen, et cetera an et cetera, als Beispill geholl ginn. Mä dann hätt déi Partei, wann déi Froe jo esou wichteg sinn, d'Méiglechkeet gehat, déi Froen ze stellen, wann déi fundamental wichteg si fir d'Orientéierung vun eisem Land.

An duerfir bleiwen ech, Här President, bei der Meenung, dass et schued ass, dass keng aner Froen och erakomm si vun deene grousse Majoritéitsparteien (veuillez lire: Oppositiounsparteien), déi eis haut de Virworf maachen, dass se géint de Prinzip wären. Jo, déi Lénk hu Propositioune gemaach, déi keng Majoritéit fonnt hunn. Mä vun deenen zwou aneren Oppositiounsparteien hu mer keng Propositioune gemaach kritt. Duerfir fannen ech et haut e bësse schued, dass een da seet: Jo, mir si géint de Prinzip.

Wat ass de Prinzip vun engem Referendum?

(Interruption)

De Prinzip vun engem Referendum ass, dass d'Traditioun vum Referendum, kréien ech da gesot, zu Lëtzebuerg net do wier. Et si vill Saachen, déi zu Lëtzebuerg net do sinn. An ech kann lech et soen, Här President, dass dat Éischt, wat ech ëmmer am Ministère gesot kritt hunn, war: „Här Bettel, et wor awer ëmmer esou."

(Hilarité)

Wann dat Politik ass, dass ee seet, „et wor ëmmer esou, duerfir dierf sech näischt änneren",

dann ass dat heiten net déi richteg Koalitioun! Jo, well dës Koalitioun sech engagéiert huet, dëst Land och ze moderniséieren. An d'Moderniséierung heescht och Participatioun vum Bierger bei Décisiounen. An hei dann ze soen, mir ginn an Otage geholl, an dann duerno mussen d'Leit fir eis décidéieren. Se hunn eis awer e Mandat ginn a mir sinn Deputéierten.

Hei si Froen, wou mer eis soen: Wéi e Lëtzebuerg wëlle mer muer?

An erlaabt mer kuerz, dass ech op déi dräi Froen - ech wollt am Ufank net op déi dräi Froen agoen, well haut wor fir mech de But jo, de Vote ze huelen, an dann, dass d'Campagne sollt ufänken, dass dann all Partei d'Méiglechkeet huet, an hirer Campagne ze soen, firwat se fir de Jo oder firwat se fir den Neen ass. Mä well jiddwereen zu deene Froe Positioun geholl huet, erlaabt mer, dass ech kuerz awer erklären, firwat een der Meenung ass als Regierung, dass et awer wichteg ass. Well et Méiglechkeete ginn.

An ech si perséinlech der Meenung, Här President, dass eng Chamber, eng Regierung, e politesche System do ass, fir engem Bierger Fakultéiten ze ginn. Engem d'Méiglechkeet ze ginn, dat heescht, dass en d'Recht kritt, eppes ze maachen. An net mir décidéieren, ob e Rechter soll hunn oder net, wann et Saache sinn, wou een individuell kann eng Entscheedung huelen.

Et gëllt keng Wahlflicht fir déi tëschent 16 an 18 Joer, et gëtt eng Wahlméiglechkeet. Mir soe jo net... An ech zitéieren hei och de President vun der CSJ, deen och seet, dass se fir den Droit de vote vun 18 op 16 Joer erof ass. Ech muss lech éierlech gesot soen, dass ech vis-à-vis vun der ADRenalin - wa se nach esou heescht - a vis-à-vis vun der CSJ, wou jonk Leit sech engagéieren, fir Politik ze maachen, wou se Loscht hunn, fir sech fir eng aner Gesellschaft ze engagéieren, oder op jidde Fall fir déi Positiounen, un déi se gleewen, sech wëllen engagéieren, gesot kréien: Jo, mä mat 16 Joer hutt Der nach net déi Capacitéiten, déi Kompetenzen, dat Wëssen, fir kënnen ze wielen. Dat fannen ech traureg.

Ech wäert op jidde Fall an enger anerer Qualitéit, als President vun enger vun de Majoritéitsparteien, déi Proposition de loi, déi och den Deputéierten Eugène Berger gemaach huet, ënnerstëtzen. An déi Positioun, déi och de Marc Zanussi virdru geholl huet an eng Rëtsch vun Deputéierte scho geholl hunn, ënnerstëtzen, well ech mer einfach soen, dass mer hei jo de Leit eng Fakultéit ginn.

Et muss keen! Deen, deen net wëllt, muss net goen. Mä deen, dee wëllt, deen, dee wëllt un der Demokratie deelhuelen, deen, dee wëllt mat décidéiere kënnen, fannen ech et schued, wann ee géif duerno soen: Jee, mir sinn der Meenung, deen ass net amstand, dat ze maachen.

A ganz vill vun lech heibannen hu selwer och a Jugendmouvementer ugefaangen. A wa se da géife gesot kréien, jo, mä, da misst ee sech d'Fro stellen, firwat een iwwerhaapt scho mat 16 Joer an ee Jugendmouvement kéint kommen. Well da kéint ee jo och soen, ab 18 Joer kanns de jo eréischt mat décidéieren, da misst de eréischt 18 Joer al sinn, fir kënne matzemaachen.

An ech muss lech perséinlech soen, dass ech et do schued fannen - just als Erklärung, firwat mer als Koalitioun och der Meenung sinn, dass et wichteg ass -, engem eppes ze verbidden.

Da bei der Fro vum Auslännerwahlrecht. Ech nennen et net méi Auslännerwahlrecht. Ech kann et net méi héieren, dass déi ganzen Zäit vun „Auslännerwahlrecht" geschwat gëtt.

(Interruption)

Et ass en Awunnerwahlrecht, Här President. Et ass de Fait, dass een an engem Land wunnt. Et ass e Fait, dass een an engem Land Racinnen huet. Mä et gëtt e risegen Ennerscheed, an hei gëtt deen net gemaach, tëschent enger Naturalisatioun an engem e Recht ze ginn.

Dat eent ass eng Démarche, wou ech soen, a verschiddene Länner muss ech souguer meng Nationalitéit opginn, fir kënnen déi lëtzebuergesch ze huelen, fir da vun deem Recht och ze profitéieren, dat déi Nationalitéit mer bréngt.

An hei ass en anere Prinzip, andeem ee seet, wann s du eng Rëtsch vu Konditiounen erfëlls - a se sinn zimlech streng: Et muss een zéng Joer hei wunnen, et muss ee schonn eemol matgemaach hu bei Wahlen -, dass een dann d'Méiglechkeet kritt, kënnen ze soen: Okay, ech wier awer interesséiert, ech bezuele meng Steieren hei, ech participéieren zum Wuel vun deem Land, ech deele mäi Liewen hei, ech liewen hei, firwat kéint ech net d'Méiglechkeet kréien, fir kënnen nieft där Participatioun, déi ech all Dag maachen, och eng Participation politique ze hunn, all fënnef Joer, fir kënne bei de Wahle matzemaachen?

Ech wëll just soen, dass mer och als Land jo scho méi wäit ginn, wéi ganz vill aner Länner. Bei de Gemengewahle kann och scho jiddweree matmaachen. A bei den Europawahlen, bei Maastricht. Ech wëll net un den Débat, Här President, vun deemools erënneren, wéi d'Leit Angscht gemaach kritt hu bei Maastricht, wat dann elo op se duerkéim, wien nach Buergermeeschter a Schäffen an de Gemenge kéint bleiwen, mat där Invasioun, déi mer elo géife kréien. Ech wëll just drun erënneren. Dat ass net geschitt.

An am Fong, hei imposéiere mer och kengem eppes. An et ass net, fir dann iergendengem eppes ewechzehuelen. Hei gëtt jo gemaach, wéi wann een en Awunnerrecht géif schafen an am Fong deem aneren, deen elo d'Wahlrecht huet, eppes géif ewechhuelen. Dat ass och falsch, Här President, well am Fong maache mer do eng Fakultéit, fir dass deen, deen - ech soen et nach eng Kéier - eng Rëtsch vu Joren hei gelieft huet, och Rechter ka kréien.

An ech muss lech soen, dass ech da gesot kréien: Mir mussen d'Naturalisatiounsgesetzer änneren. Also wann d'Katarina Witt haut Chamber TV gekuckt huet, wäert se ganz neidesch sinn iwwert der CSV hir Pirouetten. Dat wor impressionnant, Här President.

(Exclamations)

Ech ka mech erënneren... Jo, mä d'Katarina Witt huet ganz vill Pirouettë gemaach, Madame Arendt - Madame Arendt, ganz vill Pirouetten! -, an iwwert déi vun Ärer Partei haut, déi als progressistesch Partei gären aus dëser Chamber erausgeet, déi déi ass, déi seet: „Deen Délai ass ze laang an déi Konditioune sinn ze streng."

Ech wor deemools als Deputéierten hei am Haus, wou d'CSV bei all Mesure, déi komm ass, gesot huet: Et geet net wäit genuch, et muss méi streng sinn, et muss méi selektiv sinn, et muss méi schwéier sinn, mir mussen de Krunn zoudréien. Ech ka mech ganz gutt drun erënneren! An haut awer d'Bild ze ginn: Mir sinn déi, déi der Meenung sinn, et muss alles anescht gemaach ginn.

Tant mieux, wann haut dat d'Positioun vun der CSV ass! An deemools, muss ech soen, Här Wiseler, hat Der och net déi Roll, déi Der haut hutt an Ärer Partei. An ech si frou, wann Der dann d'Leit, op jidde Fall, an déi Richtung kritt hutt.

An nach eng Kéier: Erlaabt mer, Här President, déi jonk chrëschtlech-sozial Jugend ze zitéieren. Déi soe selwer: «La finalité du droit de vote pour étrangers, c'est la réduction d'un déficit démocratique qui ne cesse de croître.»

Une voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ech kann dat mat zwou Hänn ënnerschreiwen!

An d'CSJ huet vollkomme recht, Här President, wa se hirer Mammepartei seet: „Jo, mir sollen dat dote maachen, well mir woren deemools schonn, 2007, als CSJ Membres fondateurs de la plate-forme «refresh democracy!»." Dat heescht, et kënnt net, et muss een net mengen, dass et e konservativen an net konservative Bord gëtt.

Ech wëll och hei drun erënneren, dass den LCGB op sengem Kongress eestëmmeg fir d'Auslännerwahlrecht, also fir d'Awunnerwahlrecht gestëmmt huet. Eestëmmeg!

Ech wëll drun erënneren, dass een da ganz oft jo mengt, dass een da muss déi méi Konservativ oder alles, wat dann éischter reliéis wier, dass do eppes dergéint wier. De Bëschof och huet en Appell gemaach, dass ee soll dat heiten ënnerstëtzen.

Dat rassuréiert vläicht elo net déi Lénk.

(Hilarité)

Mä ech wëll elo just awer soen, Här President, dass een hei net soll maachen, wéi wann et e méi konservative Bord géif ginn an e manner konservative Bord géif ginn. Hei geet et just drëms, d'Fro ze stellen, a wéi eng Richtung mer wëlle goen.

An ech hoffen, wéi gesot, d'Regierung, all Partei huet duerno hir Verantwortung ze iwwerhuelen. Dir wësst jo, dass dat heiten och kee Sondage ass. Well hei ass vu Sondagë geschwat ginn, wéi d'Leit deen een oder deen anere gutt fannen. Hei geet et drëms, dass de Bierger d'Méiglechkeet emol eng Kéier kritt an der Geschicht, ze soen: Jo, ech hätt gären, dass d'Land an dës Richtung geet, oder ech hätt gären d'Land an déi aner Richtung. Dat ass säi Choix.

An da kommen déi zéng Joer fir Minister. Et mengt een, et wier eppes ganz Neies. Et gëtt et schonn an anere Länner. Et gëtt vill driwwer diskutéiert. Ech fänken elo net un, ze zitéieren, wat da bei deem enge gesot gëtt, dass et duerno éischter eng Monarchie bis gëtt. Dat heescht, dass e Premier bal eng Monarchie ass, e Monarch ass. An dann, dass een op eng Kéier d'Distanz net méi hëlt vis-à-vis vu senger Aarbecht, mä dann ze vill Distanz hëlt, et cetera. Et gi ganz vill Argumenter.

Hei geet et just drëms, dass een der Meenung ass, no zéng Joer ass et wichteg, och e Changement ze hunn. Ass et wichteg, och e Changement ze hunn. Ech sinn elo net den Affekot vum Här Wilmes heibannen, dee sech jo freeë géif, wann déi Mesure séier a Kraaft géif trieden, wa seng Partei nees an d'Regierung géif kommen. Mä hei geet et drëms, dass een einfach an enger Demokratie och Changementer brauch.

Virdrun ass hei gesot ginn: „Jo, et hänkt of, wéi séier ee schafft." Mir hu verschidde Ministeren, déi woren 30 Joer an enger Regierung zu Lëtzebuerg. 30 Joer!

(Interruption)

Jo, si si gewielt ginn! Si sinn demokratesch gewielt ginn als Deputéierten, wëll ech nach eng Kéier soen, net als Minister, mä als Deputéierte gewielt ginn. An, ech mengen, no 30 Joer, also, wann ech... Ech hunn dëse Weekend mat engem Minister giess, e Premierminister am Ausland, an dunn hunn ech em gesot: „Weess de, mir hunn elo e Referendum zu Lëtzebuerg, do ass e Maximum vun zéng Joer an der Regierung." Du sot deen: „Bei eis, mengen ech, ass nach ni een, deen d'Halschent vun där Zäit gepackt huet!"

(Hilarité et interruption)

Dowéinst ass et, et ass kee Beispill, Här President, fir elo ze soen, wéi laang et bei deem engen oder wéi laang et bei deem anere geet. Mä et ass...

(Interruption)

An erlaabt mer am Fong nach eng Kéier deen Artikel, deen d'CSJ zitéiert, hei nach eng Kéier ze zitéieren, Här President, well et geet hei ëm „refresh democracy!". Dat heescht, d'Demokratie erfrëschen. An ech si perséinlech der Meenung, Här President, dass deen heite Referendum eng Méiglechkeet ass. An ech si frou, dass och eng Majoritéit fir dee Schrëtt awer ass, dass mer iwwerhaapt d'Leit kënne froen. Well déi Leit, déi haut Nee soen, sinn der Meenung, dass een iwwerhaapt d'Leit net soll froen.

Do sinn ech der Meenung, dass een awer éischtens sech soll freeën, dass mer déi Referendumsfroe stellen. An et soll net en „one-shot" sinn. Firwat net och an enger nächster Koalitioun sech soen, do sinn och nach Punkten. Et muss ee jo net d'Gefill hunn, dass, well et elo gemaach gëtt, et ni méi soll kommen. Mir brauchen elo net all sechs Méint wielen ze goen. Mä firwat net och an enger nächster Koalitioun sech nees verschidde Froe stellen, wou ee sech seet: Firwat soll een do och net e Referendum organiséieren?

Här President, et geet ëm eng nei Constitutioun fir eist Land. Et ass e grousse Moment fir Lëtzebuerg. Domat gëtt d'Zesummeliewen am Fong vun eisem Land nei definéiert. An et ass d'Geleeënheet, fir d'Fundamenter ze géisse vun enger moderner an zukunftsorientéierter Gesellschaft.

Mir wëllen dat zesumme maachen. Mir wëllen dat zesumme mat de Parteien, mat der Regierung, mam Parlament maachen, an do soll den Débat och an der Ëffentlechkeet stattfannen. A mir sollen dës Punkten och maache mat engem Optrag vum Vollek. Och dat, Här President, ass den Ufank vun engem Ëmdenken hei zu Lëtzebuerg.

Et ass richteg an et ass och wichteg, dass et an engem Land kritesch Stëmme ginn zu dëse Froen, déi am Kader vum Referendum gestallt ginn. Mir froen net, dass 100% vun de Leit mam Kapp wénken a soen, Dir hutt recht. Mir brauchen d'Diskussioun an der Ëffentlechkeet iwwer wat eist Zesummeliewe fir d'Zukunft och bestëmmt.

D'Regierung ass och ugetruede fir méi Demokratie bei den Décisiounsprozesser an am Dialog mam Bierger. A mir gesinn dat, mir hunn dat gesinn, wou eng Rëtsch vu Ministeren och duerch d'Land gaange sinn, fir verschidde Projete virzestellen. Dat ass alles dat, wat mer nennen „méi Demokratie, méi Transparenz", an duerfir steet och dës Regierung.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Statsminister.

Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm. An ech géif proposéieren, dass mer elo iwwert d'Proposition de loi ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 6738 et dispense du second vote constitutionnel

Déi, déi dermat d'accord sinn, stëmme mat Jo, an déi...

M. Eugène Berger *(DP)*.- Dräimol Jo, Här President!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Bréngt mech elo net duerjerneen! An déi, déi net dermat d'accord sinn, stëmme mat Neen. D'Ofstëmmung huet ugefaangen. Vote par procuration. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Et hunn 58 Deputéierten direkt oder indirekt drun deelgeholl. Et waren der awer 59 präsent. 34-mol Jo, 24-mol Neen. Also ass d'Proposition de loi ugeholl.

Résultat définitif après redressement: la proposition de loi 6738 est adoptée par 34 voix pour et 26 voix contre.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Alex Bodry), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour, dat ass de Projet de loi 6600, an et geet dobäi ëm de Vëlospisteréseau. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an d'Rapportrice, d'Madame Josée Lorsché, huet direkt d'Wuert.

15. 6600 - Projet de loi relatif au réseau cyclable national et aux raccordements de ce réseau vers les réseaux cyclables communaux

Rapport de la Commission du Développement durable

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice*.- Merci, Här President. Ech si sécher, e Referendum iwwer besser Vëlospiste géife mer direkt gewannen. D'Fro gëtt awer net gestallt.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der wësst,...

(Interruption)

...soll den net motoriséierte Verkéier bis zum Joer 2020 e Véierel vun alle Bewegungen am Land ausmaachen. Dat ass op alle Fall d'Zil, wat mir eis virun e puer Joer am Kader vum Mobilitéitskonzept MoDu gesat hunn.

Wa mer dëst Zil wierklech wëllen erreechen, musse mer Gas ginn, net am Auto, mä an der Aarbecht. Mir sinn nach wäit dovun ewech.

Nodeems viru 16 Joer en éischt Vëlospistegesetz a Kraaft getrueden ass, geet et haut net duer, un deem Gesetz erëmzepléischteren. Aus deem Grond huet de fréieren Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler mat dësem Projet de loi méi e couragéierte Wee ageschloen, mam iwwergräifenden Zil, e Paradigmewiessel an der Mobilitéitspolitik anzelauden. Dat heescht, d'Roll vum Vëlo opzewäerten an eben de Vëlo net méi prioritär an de Beräicher Fräizäit, Tourismus oder Sport unzesiedelen. Mat dësem Gesetzesprojet gëtt de Vëlo als gläichberechtegt Verkéiersmëttel unerkannt a soll am deegleche Beruffstrafic zum Asaz kommen, grad wéi fir vill aner alldeeglech Bewegungen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann ee weess, datt 40% vun den Trajeten, déi an eisem Land zréckgeluecht ginn, manner wéi dräi Kilometer hunn, an datt 13% vun deenen Trajeten nëmmen um Vëlo oder ze Fouss stattfannen, da kënnt een natierlech zur Konklusioun, datt am Vëlostrafic nach e grousst Potenzial stécht. Natierlech muss et mobiliséiert ginn. Duerfir musse mer d'Konditiounen erfëllen.

Dat bedeit éischtens, datt souwuel d'Sécherheet wéi och d'Offer an awer och d'Qualitéit vun de Vëlosweeër verbessert musse ginn.